2/2025



# Ripevusch

RIPPWEILER | EVERLANGE | USELDANGE | SCHANDEL

# Ripevusch

**Coverfoto** Christiane Harpes
**Relecture** Merci dem Gaby Pavant
**Layout, Conception** Apart Design Studio
**Impression** Imprimerie reka
**Tirage** 950 exemplaires

**ISSN 3028-8177**

**Redaktiounsschluss**
fir den Ripevusch 3/2025
ass den 11. November 2025

**Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Internet op www.useldeng.lu**

Das Kopieren oder Extrahieren von Text- oder Bildmaterial ohne entsprechende Genehmigung ist strengstens untersagt.

La copie ou l'extraction de textes ou d'images sans autorisation correspondante est strictement interdite.



# An dëser Ausgab

| | |
|---|---|
| Virwuert | 06 |
| Aus der Gemeng | 09 |
| Aus der Maison Relais | 25 |
| Dat si mir | 29 |
| Aus dem Wëlle Westen | 91 |
| Gutt ze wëssen | 99 |
| Save the date | 104 |
| Telefonsbuch | 107 |



**Aus der Gemeng:**
**Do wou geschafft gëtt**




**Dat si mir:**
**Mëttelalterfest**




**Aus dem Wëlle Westen:**
**Weekend vum Wëllen Westen**

# D'Schoulrentrée am Fokus

## *La rentrée scolaire au premier plan*

Mir hunn eist Verspriechen termingerecht mat den Architekten an Handwierksleit agehalen an déi lescht Phas vum Ëmbau vun der Schoul hu mer och lo hannerun eis.

Nieft dem Neibau fir de Cycle 1 kënnen also och lo nach eis Kanner vu verschiddene Schoulklassen aus dem Cycle 2 vu 4 schéinen neie Schoulsäll profitéieren.

Eng feierlech Aweiung a Präsenz vum Inneminister Léon Gloden an dem Educatiounsminister Claude Meisch ass fir den 31. Oktober um 15 Auer virgesinn an eist Personal vun der Schoul an der Maison Relais mat de Kanner hunn ee formidabel schéinen an interessante Programm fir deen Dag op d'Bee gestallt!

Selbstverständlech sinn d'Elteren nieft deene ville Gäscht aus der Politik an Handwierk mat invitéiert, un dëser schéiner Zeremonie deelzehuelen!

Ab 17 Auer ass dann eng Porte ouverte fir all Biergerinnen a Bierger geplangt a mir drécken de Wonsch aus, dass dir all a grousser Zuel bei eis kucke kommt.

Dass mer dëse Mammutprojet an enger Rekordzuel vun Deeg iwwert d'Bün kritt hunn, ass schonns eng Meeschterleeschtung an dass mer mat ronn 16 Milliounen €, wat jo schonns enorm ass, dervu kommen, ass am Verglach zu aner Gemenge mat änliche Projeten, schonns bal een Zauberstéck!

An och op den Datum vum Erschénge vun dësem Ripevusch hu mer nach ëmmer keen neien Emprunt gezeechent, wat jo awer villes ausseet...

An dat mécht mech stolz, op eise Schäffen- a Gemengerot, op eis Servicer souwuel administrativ wéi technique an op d'Personal um Site, déi ech nit ee Moment wéinst Kaméidi oder Securitéit um Chantier kloen héieren hunn.

A genau dat ass et och, wat eis vun aneren differenzéiert; dat ass déi Astellung an dat Versteesdemech déi mer brauchen, fir richtig gutt virunzekommen!

Dernieft huet eise Schäffen- a Gemengerot an de leschte Méint

**Souwuel de Präis wéi d'Schnelligkeet vun dëser Ausféierung si kaum vun anere Gemengen ze toppen an ze iwwerbidden!**

nach aner wichtig Projete gestëmmt, déi och fir d'Entfalen a Weiderentwécklung vun eise Kanner, eiser Jugend an eise Sportsveräiner noutwendig sinn!

Gemengt ass natierlech hei an éischter Linn deen neie syntheetesche Fussball-Terrain mat Parking an d'Spillplaz zu Iewerleng.

Fir d'Rentrée scolaire sinn och d'Zebrasträifen an d'30er Zonen nei markéiert ginn an de Vëloswee vu Schandel op Useldeng mat direktem Accès op de Schoulsite ass dann och fäerdeg!

Mat dem Bau vun der Maison de Santé an dem Ëmbau vum Traufleschhaus leie mer och am Delai a komme gutt virun.

Um kantonalen Niveau si mer, nieft der Ausaarbechtung vun der Vision territoriale 2035/2050, amgaang de Fonctionnement vum Syndikat „de Réidener Kanton“ méi efficass ze gestalten, hien nei opzestellen, an him eng méi zäitgeméiss a professionell Struktur ze ginn.

Et gëtt also iwwerall vill geschafft, nei a gutt Iddie sinn do, mee mir däerfen awer och nit aus den Ae verléieren, dass dat Ganzt nach bezuelbar bleift…

Léif Leit,

Am Moment wou ech dës Zeile schreiwen, erliewen eng Onmass vu Leit, speziell an der Ukrain an am Gazasträif, onmënschlichen Terror a Gewalt duerch Kricher, déi eigentlech schonns laang missten eriwwer sinn…

Ech drécke mat Iech de Wonsch aus, dass dat zäitno ophält an eis nit am Endeffekt an eng weltwäit global Katastroph eranzitt!

An duerfir erënneren ech gären un dee grousse Privileeg, dee mer hunn, fir an dësem fräie Land kënnen ze liewen an eis an eiser schéiner Gemeng wuel ze fillen!

Mir sollten eis fir alles interesséiere wat ronderëm eis sou geschitt; an den „Nimbyeffekt“ (not in my backyard) definitiv aus de Féiss loossen!

Duerfir sollte mer vun deene mannigfaltige Manifestatiounen, déi sech lo am Hierscht an eiser Gemeng ubidden, profitéieren an am Sënn vun engem echte „Vivre ensemble“ eis nach besser kenne léieren!

D'Gemeng, d'Veräiner an eis Gemengekommissioune wären iech ganz dankbar duerfir!

---

*La promesse que nous avions faite a été tenue : grâce à une collaboration exemplaire entre les architectes, les artisans et nos services communaux, nous avons achevé dans les délais la dernière phase d'aménagement de notre école.*

*Outre le nouveau bâtiment destiné au Cycle 1, les élèves de plusieurs classes du Cycle 2 peuvent désormais profiter de quatre salles de classe modernes, lumineuses et parfaitement équipées.*

*La cérémonie officielle d'inauguration se tiendra le 31 octobre à 15h00, en présence du Ministre de l'Intérieur, M. Léon Gloden, et du Ministre de l'Éducation nationale, M. Claude Meisch. Pour cette occasion, le personnel de l'école et de la Maison Relais, avec la participation active des enfants, a préparé un programme riche, attrayant et festif.*

*Les parents, tout comme les invités issus du monde politique et artisanal, sont chaleureusement conviés à prendre part à ce moment important de la vie communale.*

*À partir de 17h00, les portes de l'école seront ouvertes à toutes et à tous, et nous espérons vivement que vous viendrez nombreux découvrir nos nouvelles installations.*

*La réalisation de ce projet d'envergure dans un délai record est en soi une prouesse. Le fait d'y être parvenu avec un budget d'environ 16 millions d'euros, sans contracter de nouvel emprunt, témoigne d'une gestion rigoureuse et efficace, rare pour des projets de cette ampleur.*

*La maîtrise des coûts comme la rapidité de l'exécution constituent une vraie performance, dont nous pouvons être collectivement fiers.*

*Je tiens à exprimer toute ma reconnaissance à notre collège échevinal et à notre conseil communal, à nos services administratifs et techniques, ainsi qu'au personnel présent sur le chantier, qui a œuvré avec un professionnalisme exemplaire et dans un climat de parfaite collaboration. C'est cette volonté commune et ce respect mutuel qui font notre force et qui nous distinguent.*

*Au cours des derniers mois, d'autres projets essentiels à l'épanouissement de nos enfants, de notre jeunesse et de nos associations sportives ont été lancés ou votés :*

- *la création d'un terrain de football synthétique avec parking,*
- *l'aménagement d'une nouvelle aire de jeux à Everlange.*

*Par ailleurs, à l'occasion de la rentrée, les passages piétons et zones*

*30 km/h ont été remis à neuf. La piste cyclable reliant Schandel à Useldange, avec accès direct à l'école, est désormais opérationnelle.*

*Les travaux de la Maison de Santé et de la rénovation de la Maison Trauflesch progressent également conformément au calendrier prévu.*

*À l'échelle cantonale, nous poursuivons l'élaboration de la « Vision territoriale 2035/2050 » ainsi que la réforme du syndicat « Réidener Kanton », afin de lui conférer une organisation plus moderne, plus efficace et plus professionnelle.*

*De nombreux chantiers sont donc en cours, portés par des idées nouvelles et ambitieuses, tout en veillant à préserver l'équilibre financier de la commune.*

*Chers concitoyens, chères concitoyennes,*

*au moment où je rédige ces lignes, un nombre considérable de personnes, notamment en Ukraine et dans la bande de Gaza, subissent encore aujourd'hui un terrorisme et une violence inhumains engendrés par des conflits armés qui auraient dû prendre fin depuis longtemps.*

*Je formule, avec vous, le vœu sincère que ces violences cessent dans les plus brefs délais et qu'elles ne nous entraînent pas, à terme, vers une catastrophe mondiale.*

*Cette situation nous rappelle le privilège immense qui est le nôtre : celui de pouvoir vivre dans un pays libre et de bénéficier du cadre accueillant et harmonieux de notre belle commune.*

*Il nous appartient de rester attentifs à tout ce qui se déroule autour de nous et de rejeter fermement l'« effet Nimby » (not in my backyard), afin de préserver notre sens de la solidarité et notre responsabilité collective.*

**Profitons des nombreuses manifestations communales organisées cet automne pour renforcer les liens qui nous unissent et cultiver, ensemble, un véritable esprit de vivre ensemble.**

*La commune, ses associations et ses commissions vous remercient par avance de votre participation et de votre engagement.*



Äre Buergermeeschter / Votre bourgmestre

# Aus dem Gemengerot

## 23 mai 2025

**1. Signature des délibérations du conseil communal de la séance du 04 avril 2025.**

Les membres du conseil communal signent les délibérations de la séance du conseil communal du 04 avril 2025.

**2. Etat des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2024.**

Madame Tessy Anen, receveuse communale, donne les explications nécessaires quant à l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2024. L'état est approuvé à l'unanimité des membres présents.

**3. Approbation du projet et devis adaptés concernant le projet d'aménagement d'un terrain de football synthétique à Useldange.**

Après des adaptations effectuées par le bureau d'études en charge, la décision en date du 18 octobre 2024 du projet initial et devis y relatif sont rendus caduques à l'unanimité des voix.

Le nouveau projet adapté et son devis à hauteur de 2.130.000,00 € (T.T.C.) sont approuvés à l'unanimité des voix.

À la demande de Monsieur Starsky Flor, conseiller, concernant l'installation d'un système d'arrosage, Monsieur le Bourgmestre Pollo Bodem n'y réserve pas une suite favorable puisqu'un tel dispositif coûte aux environs de 100.000,00 €. De plus, en été n'ont pas lieu des matchs de football de sorte que la pelouse n'y subit pas de dommage direct. Madame Christiane Harpes, conseillère demande la fréquentation dans le cadre de l'entretien. Monsieur Marc Ferber, préposé du service technique donne les explications relatives et précise que la machine y nécessaire pour le nettoyage de la pelouse doit y passer toutes les trois semaines. Monsieur Gerry Bieser, conseiller, évoque la nécessité d'y installer des caméras aux fins de surveillance et sécurité.

**4. Approbation du projet et devis concernant le projet d'aménagement des équipements techniques des alentours du terrain de football synthétique à Useldange**.

À l'unanimité des voix, le projet et le devis concernant le projet d'aménagement des équipements techniques des alentours du terrain de football synthétique à Useldange sont approuvés pour un montant de 580.000,00 € (T.T.C.).

**5. Approbation du projet et devis concernant l'aménagement d'un parking sis auprès du terrain de football à Useldange.**

Le projet et le devis concernant l'aménagement d'un parking sis auprès du terrain de football à Useldange est apsont approuvés à l'unanimité des voix pour un montant de 585.000,00 € (T.T.C.). À la demande de Madame Christiane Harpes, conseillère, Monsieur le Bourgmestre Pollo Bodem confirme qu'un espace/parking pour bicyclettes y sera également implanté. Un total de 45 places de stationnement pour voitures est aménagé.

### 6. Approbation du projet et devis concernant la rénovation de l'ancien presbytère à Useldange.

Le projet et le devis concernant la rénovation de l'ancien presbytère à Useldange à hauteur de 3.042.677,43 € (T.T.C.) sont approuvés à l'unanimité des voix.

### 7. Droit de préemption.

Il est décidé à l'unanimité des voix de ne pas exercer le droit de préemption concernant des parcelles sises à :

- Rippweiler, bei Sauerkemmer ;
- Useldange, auf der Robricht ;
- Useldange, Auf Singels & Auf der Hurbach;
- Useldange, rue de Boevange / Klosterpesch

### 8. Modification budgétaire à l'exercice extraordinaire 2025.

Des modifications budgétaires à l'exercice extraordinaire 2025 sont approuvées à l'unanimité des voix comme suit :

- Le crédit inscrit à l'article 4/821/221200/23001 « Aménagement terrain d'entraînement » est ramené de 2.525.000,00 € à 1.797.500,00 € ;
- Le crédit inscrit à l'article 4/650/221100/99001 « Acquisition de terrains non affectés » est porté de 100.000,00 € à 725.000,00 € ;
- Un nouveau crédit inscrit à l'article 4/130/211000/25005 « Modifications ponctuelles du PAG » avec un montant de 35.000,00 € ;
- Un nouveau crédit inscrit à l'article 4/821/221200/25006 « Equipements techniques et alentours du terrain de football synthétique à Useldange » avec un montant de 50.000,00 € ;
- Le crédit inscrit à l'article 4/910/223410/24007 « Acquisition de mobilier pour l'école fondamentale sur le site Weidfeld » est porté de 10.000,00 € à 27.500,00 €

### 9. Approbation de titres de recette.

Des recettes d'un montant de 1.141.911,67 € à l'exercice ordinaire 2024 ; des recettes d'un montant de 5.000,00 € à l'exercice extraordinaire 2025 et des recettes d'un montant de 3.808,19 € à l'exercice ordinaire 2025 sont approuvées à l'unanimité des membres présents.

### 10. Approbation de contrats de bail.

Un contrat de bail concernant un emplacement de stationnement à Useldange de même qu'un contrat de bail réglant une servitude de passage à Useldange sont approuvés à l'unanimité des voix.

### 11. Approbation de contrats de concession aux cimetières.

Un contrat de concession au cimetière de Schandel et un contrat de concession au cimetière d'Useldange sont approuvés à l'unanimité des voix.

### 12. Approbation d'un projet de morcellement à Everlange.

Le projet de morcellement d'un terrain sis à Everlange est approuvé à l'unanimité des voix.

### 13. Approbation de conventions.

Les membres du conseil communal approuvent à l'unanimité des voix des conventions portant sur la cession d'une licence de cabaretage, d'une modification ponctuelle du Plan d'Aménagement communal et sur les activités du club Senior « Atertdall » 2025.

### 14. Avis du conseil communal concernant une intention de classement comme patrimoine culturel national de l'ancien presbytère sis 1, rue de l'Eglise à Useldange.

Après un premier vote ayant eu lieu en date du 07 mars 2025 portant sur la projection d'intention de la part du Ministère de la Culture, les conseillers sont maintenant appelés à se prononcer sur l'intention de classement laquelle est acceptée à l'unanimité des voix.

### 15. Confirmation de règlements de circulation.

Trois règlements de circulation temporaires sont confirmés à l'unanimité par les membres du conseil communal.

### 16. Informations et questions au collège des bourgmestre et échevins.

Monsieur le Bourgmestre Pollo Bodem informe les conseillers communaux sur les sujets abordés au sein du collège des bourgmestre et échevins et sur l'avancement de divers chantiers en cours.

### 17. Organisation de l'enseignement fondamental, année scolaire 2025/2026 : liste 1, proposition de réaffectation d'un(e) candidat(e) au poste vacant d'instituteur/trice de l'enseignement fondamental (C2-4 1p SUR 100%) ;

Décision prise à huis clos.

### 18. Organisation de l'enseignement fondamental, année scolaire 2025/2026 : liste 1, proposition de réaffectation d'un(e) candidat(e) au poste vacant d'instituteur/trice de l'enseignement fondamental (C2-4 1p SUR 100% A25/26).

Décision prise à huis clos.

# 18 juin 2025

**1. Signature des délibérations du conseil communal de la séance du 23 mai 2025.**

Les membres du conseil communal signent les délibérations de la séance du conseil communal du 23 mai 2025.

**2. Approbation de l'organisation scolaire provisoire, année scolaire 2025/2026.**

L'organisation scolaire 2025/2026 est approuvée à l'unanimité des voix.

**3. Adoption du plan d'encadrement périscolaire pour l'année scolaire 2025/2026 de l'école fondamentale de la commune d'Useldange.**

Le plan d'encadrement périscolaire est également approuvé à l'unanimité des voix.

**4. Avis du conseil communal concernant un classement comme patrimoine culturel national de l'église Saint-Maximin et du cimetière sis à Everlange.**

Après un premier vote ayant eu lieu en date du 20 septembre 2024 portant sur la projection d'intention de la part du Ministère de la Culture, les conseillers sont maintenant appelés à se prononcer sur l'intention de classement laquelle est acceptée avec sept voix et une abstention.

**5. Approbation de titres de recette.**

Des recettes d'un montant de 1.061.199,54 € à l'exercice extraordinaire 2025 et des recettes d'un montant de 6.758,78 € à l'exercice ordinaire 2025 sont approuvées à l'unanimité des membres présents.

**6. Approbation d'une convention.**

Est approuvée à l'unanimité des voix la convention 2025 avec l'office social OSCARE, le ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre Ensemble et de l'Accueil et des communes partipantes.

**7. Allocation d'un subside extraordinaire.**

Le conseil communal accorde à l'unanimité des membres présents un subside extraordinaire à hauteur de 1.500,00 € au club Indiaca Nethoppers Useldeng à l'occasion du déplacement de ses membres à l'étranger suite aux performances prestées.

**8. Confirmation de règlements de circulation.**

Trois règlements de circulation temporaires sont confirmés à l'unanimité par les membres du conseil communal.

**9. Informations et questions au collège des bourgmestre et échevins.**

Monsieur le Bourgmestre Pollo Bodem informe les conseillers communaux sur les sujets abordés au sein du collège des bourgmestre et échevins et sur l'avancement de divers chantiers en cours.

La prochaine séance du conseil communal est fixé au 19 septembre 2025 et l'inauguration officielle est fixée au 31 octobre 2025.

Faisant suite à la courte tempête survenue lors de la manifestation traditionnelle du « Mëttelalterfest » à Useldange, les membres du conseil communal discutent sur la sécurité en cas de manifestations. Monsieur Pierre Da Silva, conseiller, évoque d'établir des procédures et mesures de sécurité. À ce sujet, le délégué à la sécurité et les membres des associations locales sont appelés à prêter main forte pour l'établissement d'un tel plan de sécurité.

Madame Manon Reichert, conseillère, demande à ce qu'une signalisation soit mise en place aux alentours de l'ancien atelier communal en relation avec les places de stationnement/ parking pour les visiteurs des matchs de football.

Finalement, les membres du conseil communal approuvent le dépliant élaboré concernant la mise en vigueur de nouvelles taxes concernant l'eau. Ledit dépliant sera distribué à tous les ménages et le règlement est également disponible sur le site internet de la commune d'Useldange.

Faisant suite à l'accord unanime début séance d'ajouter 3 points supplémentaires à l'ordre du jour de la séance de ce jour, le conseil communal approuve à l'unanimité des voix :

- À ne pas exercer un droit de préemption concernant une parcelle sise à Useldange, rue Helpersbierg ;
- Le règlement de circulation à l'occasion du Vëlosummer 2025 ;
- L'adhésion de la commune d'Ettelbruck au Sicona-Centre.

Finalement, au vu des dérangement constants par des citoyens hors commune assiégeant le pavillon à Useldange, les membres du conseil communal votent, séance tenante et à l'unanimité des voix concernant cette ajoute à l'ordre du jour, à ce qu'un règlement de bonne conduite soit dressé de suite est installé sur la parcelle du Pavillon.

### 10. Nomination définitive d'un chargé technique, groupe de traitement B1, sous-groupe technique.

Décision prise à huis clos.

**Publications**

*Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, dans sa séance du 07 février 2025 a approuvé les taxes de raccordement au réseau collectif de distribution d'eau ainsi qu'au réseau collectif d'assainissement des eaux usées.*
**Approbation ministérielle : FC05-2025-A073.**

---

*Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, dans sa séance du 07 mars 2025 a fixé le taux à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année 2026.*
**Approbation ministérielle : FC04-2025-A002.**

---

*Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, dans sa séance du 07 mars 2025 a fixé le taux à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'année 2026.*
**Approbation ministérielle : FC03-2025-A003.**

---

*Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, dans sa séance du 04 avril 2025 a fixé les taxes communales relatives au raccordement au réseau collectif de distribution et à la fourniture d'eau destinée à la consommation humaine.*
**Approbation ministérielle : FC05-2025-A177.**

---

*Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, dans sa séance du 04 avril 2025 a fixé les taxes communales relatives au raccordement au réseau collectif d'assainissement et à l'évacuation et l'épuration des eaux usées.*
**Approbation ministérielle : FC05-2025-A176.**

---

*Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, dans sa séance du 18 juin 2025 a arrêté un règlement de circulation temporaire dans le cadre du « Vëlosummer 2025 »*
**Approbation commission de circulation de l'État : ccc/rc/25/7295 du 30 juin 2025.**

**Approbation ministérielle (M.A.I.): 322/25/CR.**

---

*Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, dans sa séance du 18 juin 2025 a approuvé le règlement de bonne conduite en cas d'utilisation du Pavillon sis à Useldange.*

## Luca Denelle Vereedegung

De Luca Denelle huet de 6. Juni 2025, a Presenz vum Buergermeeschter Pollo Bodem, de Schäffe Christian Frank a Raoul Schaaf an dem Gemengesekretär Marco Versall säin Eed als Gemengebeamten no senger bestaanener Formatioun ofgeluecht.

De Buergermeeschter Pollo Bodem huet dem Luca Denelle dozou häerzlechst felicitéiert an him weiderhi vill Erfolleg an eng gutt Zesummenaarbecht fir d'Zukunft gewënscht.





# Do wou geschafft gëtt



Renovatioun vum Haus Traufler



Renovatioun vum Haus Traufler



Extensioun vum Schoulgebai Phase 2



Extensioun vum Schoulgebai Phase 2



Extensioun vum Schoulgebai Phase 2



Maison de Santé



Nei Spillplatz fir Iewerleng



Nei Spillplatz fir Iewerleng



Nei Spillplatz fir Iewerleng


Erneierung vun den Stroossemarkéirungen an de 4 Dierfer (virdrun)


Erneierung vun den Stroossemarkéirungen an de 4 Dierfer (dono)



Erneierung vun den Stroossemarkéirungen an de 4 Dierfer (dono)



Vëlosentrée am Schoulhaff

# Distribution d'Eau des Ardennes

18, rue de Schandel
L-8707 USELDANGE

## Qualité de l'eau potable fournie à la commune d'Useldange 2025 zone I

Pour la localité d'Useldange

***Les valeurs moyennes du contrôle de routine sont:***

| | |
|---|---|
| pH : | 8,0 |
| dureté carbonatée : | 8,7°dH |
| dureté totale : | 13,4°dH |
| conductivité : | 437.0 µS/cm |
| sodium : | 5,6 mg/L |
| calcium : | 70,7 mg/L |
| chlorures : | 14,6 mg/L |
| sulfates : | 65.5 mg/L |
| nitrates : | 17.0 mg/L |
| fer : | <20 µg/L |
| TOC : | <1 mg/L |

***Informations sur la dureté carbonatée :***

Selon la législation allemande « Wasch- und Reinigungsmittelgesetz 2007 » la dureté est classée comme « mittel ». La DEA ne recommande pas l'installation de station de traitement d'eau potable (décalcification).

***Recommandations pour les matériaux de l'installation :***

Selon l'étude du BWL et conforment aux normes DIN50930-6 et EN 12502 :

L'utilisation des pièces en fer galvanisé ou en acier non-allié n'est pas recommandée.
Tous les autres matériaux courants dans l'installation notamment le cuivre, l'alliage cuivreux, l'acier inoxydable et la fonte ductile peuvent être utilisés sans restriction.

***Informations concernant le chlore libre :***

La DEA effectue une désinfection préventive à base d'hypochlorite de soude. La concentration du chlore libre dépend de la situation locale et démontre une variation importante.

***Informations sur la consommation pour les nourrissons :***

Concernant les nitrates, l'eau fournie par la DEA correspond au RGD (<50 mg/L). Pour les nourrissons (<4 mois) l'ébullition de l'eau avant l'usage est toujours recommandée. Il suffit de faire bouillir l'eau quelques secondes et de la laisser refroidir par la suite.

***Informations supplémentaires :***

Pour toutes informations supplémentaires, veuillez contacter le service de qualité de la DEA.

Useldange, le 11 juillet 2025
Communiqué par le service de qualité

# Distribution d’Eau des Ardennes

18, rue de Schandel
L-8707 USELDANGE

## Qualité de l’eau potable fournie à la commune d’Useldange 2025 zone II

Pour les localités: Everlange, Rippweiler et Schandel

***Les valeurs moyennes du contrôle de routine sont:***

| | |
|---|---|
| pH : | 7,5 |
| dureté carbonatée : | 11°dH |
| dureté totale : | 14,2°dH |
| conductivité : | 483.0 µS/cm |
| sodium : | 8,7 mg/L |
| calcium : | 97.0 mg/L |
| chlorures : | 23.5 mg/L |
| sulfates : | 31.8 mg/L |
| nitrates : | 16.5 mg/L |
| fer : | <20 µg/L |
| TOC : | <1 mg/L |

***Informations sur la dureté carbonatée :***

Selon la législation allemande « Wasch- und Reinigungsmittelgesetz 2007 » la dureté est classée comme « mittel ». La DEA ne recommande pas l’installation de station de traitement d’eau potable (décalcification).

***Recommandations pour les matériaux de l’installation :***

Selon l’étude du BWL et conforment aux normes DIN50930-6 et EN 12502 :

L’utilisation des pièces en fer galvanisé ou en acier non-allié n’est pas recommandée.
Tous les autres matériaux courants dans l’installation notamment le cuivre, l’alliage cuivreux, l’acier inoxydable et la fonte ductile peuvent être utilisés sans restriction.

***Informations concernant le chlore libre :***

La DEA effectue une désinfection préventive à base d’hypochlorite de soude. La concentration du chlore libre dépend de la situation locale et démontre une variation importante.

***Informations sur la consommation pour les nourrissons :***

Concernant les nitrates, l’eau fournie par la DEA correspond au RGD (<50 mg/L). Pour les nourrissons (<4 mois) l’ébullition de l’eau avant l’usage est toujours recommandée. Il suffit de faire bouillir l’eau quelques secondes et de la laisser refroidir par la suite.

***Informations supplémentaires :***

Pour toutes informations supplémentaires, veuillez contacter le service de qualité de la DEA.

Useldange, le 11 juillet 2025
Communiqué par le service de qualité



TEXTE & PHOTOS : SICONA

# Résumé des travaux effectués au site « Weiden » dans la commune d'Useldange par le SICONA-Centre dans les années 2010 – 2025

**Zones humides**

En 2010 le site comprenait 5 mares, dont une fortement atterrie.
La première mesure comprenait le fauchage des bords de mares et des roseaux pour garantir l'ensoleillement élémentaire pour les amphibiens présents sur le site, dont surtout le Triton crêté (Kammmolch, Triturus cristatus) à l'époque. Depuis, cette gestion est réalisée annuellement. La mare atterrie était restaurée en 2011 moyennant de l'argile provenant d'un autre chantier.

Une nouvelle mare de 55 x 32m était creusée en 2013. Le matériel d'excavation était réparti dans des bandes herbacées clôturées, créant ainsi des vaines sèches promouvant les insectes et des petits mammifères. En 2015 deux mares de 25x10m et de 32x15m ont été creusées. S'y ajoute l'installation d'un déversoir en dessous de la piste cyclable afin de garantir un passage sécurisé en mois d'hiver.

Entre 2012 et 2014, le SICONA a réintroduit environ 1.110 jeunes adultes de la rainette arboricole (Laubfrosch, Hyla arborea), encore présente dans les années 90, sur le site. Depuis, un monitoring annuel de la population est réalisé, en 2025 environ 85 mâles chanteurs ont été constatés.

Depuis 2025, toutes les mares au nord du site sont incluses dans le pâturage, contribuant ainsi à la bonne gestion du site par une exploitation extensive.

**Verger et boisement**

Un verger existant a été renforcé régulièrement par des jeunes arbres fruitiers depuis 2010. L'entretien des arbres fruitiers déjà présents sur le site est fait régulièrement, y compris l'entretien des protections individuelles et la taille appropriée des fruitiers. Le petit boisement y adjacent a été ouvert légèrement et est depuis géré comme bois pâturé du type « Hutewald » afin de promouvoir des espèces favorisant des boisements ouverts et ensoleillés comme le Rougequeue à front blanc (Gartenrotschwanz, Phoenicurus phoenicurus) ou les chauves-souris.

**Prairies à haute biodiversité**

En 2013 la prairie maigre de fauche située au nord de la piste cyclable a été restaurée sur 3,36 ha moyennant du sursemis de foin provenant de prairies à haute biodiversité. Depuis, cette prairie s'est développée en biotope du type prairie maigre de fauche, abritant des plantes rares comme la Lychnide fleur de coucou (Kuckucks-Lichtnelke, Silene flos-cuculi). Au bord de cette parcelle, une vaine herbacée a été démarquée et est gérée par l'exploitant et le SICONA. La restauration de la prairie au sud de la piste cyclable a été réalisée en automne 2022 sur environ 2,4 ha.

Concernant l'exploitation agricole du site, des contrats de biodiversité ont été conclus avec les deux fermiers concernés. Ceci garantit une exploitation extensive sans engrains, soit par pâturage soit par fauchage. S'y ajoute que les mêmes conditions font partie des contrats de bail élaborés par l'administration communale d'Useldange et le SICONA.

**Haies**

Depuis l'hiver 2016/17, la gestion des haies par mise sur souche a été renforcée, afin d'optimiser l'habitat pour l'avifaune, comme p.ex. la pie-grièche grise (Raubwürger, Lanius excubitor) ou la pie-grièche écorcheur (Neuntöter, Lanius collurio).

**Sensibilisation**

En 2018 trois panneaux d'information sur la zone Natura2000 « Vallée de l'Attert », la restauration des prairies et les zones humides ont été installés le long de la piste cyclable afin de sensibiliser le grand-public.





# Schoulorganisatioun 2025 / 2026

Notiz: Opgrond vun dem neien EU-Dateschutzreglement (RGPD), dat de 25. Mai 2018 a Kraft getrueden ass, ass et eis leider net méi méiglech d'Nimm vun de Schoulkanner ze veröffentlechen.

**Merci fir Äert Versteesdemech!**

**Précoce, Cycle 1.1 & 1.2 (17 enfants)**
Titulaire de référence : Fabienne Mertens

**Précoce (14 enfants)**
Titulaire de référence: Claudia Czerwonka

**Cycle : 1.1 & 1.2 A (19 enfants)**
Titulaire de référence : Carole Barthelemy

**Cycle 1.1+1.2 B (18 enfants)**
Titulaire de référence : Weis Laura

**Cycle 2.1 A (13 enfants)**
Titulaire de référence : Michèle Schartz

**Cycle 2.1 B (13 enfants)**
Titulaire de référence : Christiane Neuman

**Cycle 2.2 A (17 enfants)**
Titulaire de référence : Sandra Emeringer

**Cycle 2.2 B (17 enfants)**
Titulaire de référence : Marilyn Erdel

**Cycle 3.1 A (12 enfants)**
Titulaire de référence : Nadine Schummer

**Cycle 3.1 B (14 enfants)**
Titulaire de référence : Sandy Splicks

**Cycle 3.2 A (16 enfants)**
Titulaire de référence : Myriam Hansen

**Cycle 3.2 B (17 enfants)**
Titulaire de référence : Blanche Schroeder

**Cycle 4.1 A (17 enfants)**
Titulaire de référence : Gilles Groben

**Cycle 4.1 B (17 enfants)**
Titulaire de référence : Kelly Zimmermann

**Cycle 4.2 (19 enfants)**
Titulaire de référence : Claudine Risch



# Busplang 2025 / 2026 Schoul Useldeng

## ALLER

| Trajet A<br>Schandel > Useldange > Schoul Useldeng | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Schandel – Duerfstrooss | 7h19 | 13h29 |
| Schandel – Église | 7h20 | 13h30 |
| Schandel – Rue de Vichten | 7h22 | 13h32 |
| Useldange – Priorat | 7h28 | 13h38 |
| Useldange – École | 7h31 | / |
| Useldange – Helpersbierg | 7h36 | 13h42 |
| Useldange – Ancienne École | 7h39 | 13h45 |
| Useldange – Bei der Buerg | 7h41 | 13h47 |
| Useldange – Schoul Useldeng | 7h44 | 13h50 |

## RETOUR

| Trajet A<br>Schoul Useldeng > Schandel > Useldange | Matin | Après-midi | Trajet A* Lun / Mer / Ven<br>Schoul Useldeng > Useldange<br>Après-midi |
|---|---|---|---|
| Useldange – Schoul Useldeng | 12h05 | / | 15h55 |
| Schandel – Duerfstrooss | 12h08 | / | 15h58 |
| Schandel – Église | 12h09 | / | 15h59 |
| Schandel – Rue de Vichten | 12h11 | / | 16h01 |
| Useldange - Priorat | 12h17 | / | 16h07 |
| Useldange – Schoul Useldeng | | 15h55 | / |
| Useldange – Bei der Buerg | 12h18 | 15h58 | / |
| Useldange – Helpersbierg | 12h21 | 16h01 | / |
| Useldange – Ancienne École | 12h25 | 16h05 | / |

## ALLER

| Trajet B<br>Everlange > Rippweiler > Useldange > Schoul Useldeng | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Everlange – Moulin | 7h21 | 13h26 |
| Everlange – Pont | 7h23 | 13h28 |
| Everlange – Centre culturel | 7h25 | 13h30 |
| Everlange – Rue Halte | 7h27 | 13h32 |
| Rippweiler – Grottestrooss | 7h33 | 13h38 |
| Useldange – Arrêt Lahr | 7h39 | 13h44 |
| Useldange – Bei der Buerg | 7h40 | 13h45 |
| Useldange – Schoul Useldeng | 7h44 | 13h49 |

## RETOUR

| Trajet B<br>Schoul Useldeng > Useldange > Rippweiler > Everlange | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Useldange – Schoul Useldeng | 12h05 | 15h55 |
| Useldange – Bei der Buerg | / | 15h58 |
| Useldange – Arrêt Lahr | 12h08 | 16h01 |
| Rippweiler – Grottestrooss | 12h14 | 16h07 |
| Everlange – Rue Halte | 12h20 | 16h13 |
| Everlange – Centre culturel | 12h22 | 16h15 |
| Everlange – Pont | 12h24 | 16h17 |
| Everlange – Moulin | 12h26 | 16h19 |



TEXT MAISON RELAIS

# Bei de Fliedermais

Semaine de l'enfance

# Semaine de l'enfance



Dëst Joer hate mir eis am Kader vun der Semaine de l'enfance dozou entscheet, ee kulinaresche Mëtten an Zesummenaarbecht mat den Elteren ze maachen. Mir haten den Dag selwer mat de Kanner a Gruppe verschidden international Spezialitéite wei z.B. Wäffelcher, kalen Hond an Tomat-Mozzarella Spießer präparéiert, fir spéider zerwéieren ze kennen. Eng Rei Elteren hunn eis och nach Gerichter aus aller Welt preparéiert a matbruecht, déi mir dunn all zesummen an eiser Maison Relais schmaache konnten. Sou konnte mir puer flotter Stonnen zesumme verbréngen.

# Summerfest




Eist éischt Summerfest war een Erfolleg. D'Thema vum Owend war Hawaii. Et war fir alles gesuergt: vu flotten Atelier wei Hawaii-Kette bastelen, Facepainting an Tattooe bis hin zu enger Sprangbuerg, gouf et awer och ee Grillstand, eng Bar mat eise selwer gemaachte Summercocktailer fir Kleng a Grouss souwéi ee Stand mat eiser Rainbow Glace.

Den Highlight vum Owend war de flotten hawaiianeschen Danz deen ee Grupp vu Kanner virgefouert huet. Obwuel Wiederkonditiounen net di bescht waren, war et trotz allem een immensen Owend un deem mir schéin Erënnerunge schaffe konnten.









## Informations importantes à l'attention des parents

**Chers parents,**
Dans un souci d'organisation et d'amélioration de notre fonctionnement interne, nous souhaitons vous informer de deux changements importants concernant la communication et la planification des présences des enfants.

### Communication par e-mail uniquement

À partir de ce jour, toutes les informations concernant votre enfant (changement de planning, etc.) devront impérativement être communiquées par e-mail à l'adresse suivante: **maisonrelais@useldeng.lu**

Nous n'accepterons plus de communications ou modifications par téléphone afin d'assurer une meilleure traçabilité et éviter toute confusion.

### Planning mensuel à remettre avant le 25 de chaque mois

Nous vous rappelons également que le planning de présence de votre/vos enfant(s) pour le mois suivant doit impérativement nous être remis avant le 25 de chaque mois. Tout planning remis après cette date ne pourra être garanti, et nous ne pourrons pas assurer la prise en charge de l'enfant. Merci d'utiliser le formulaire/planning habituel que vous trouverez sur le site Internet: **http://useldeng.schoul.lu** et de nous l'envoyer par e-mail.

### Accueil le matin

**A partir de septembre 2025, il ne sera plus possible d'accueillir les enfants le matin sans inscription préalable**. En raison du nombre élevé d'enfants présents chaque jour à l'accueil, et afin de garantir la sécurité et le bon encadrement de tous, il est désormais obligatoire d'inscrire votre enfant à l'avance pour qu'il puisse être accueilli le matin.

Ces mesures nous permettront de mieux organiser l'accueil de vos enfants et de garantir une communication claire et efficace. Nous vous remercions pour votre compréhension et votre collaboration.

## Wichteg Informatiounen un d'Elteren

**Léif Elteren,**
Fir eng besser Organisatioun a Fonctionnement ze garantéieren, wëlle mir Iech iwwer zwou wichteg Ännerungen am Zesummenhang mat der Kommunikatioun an der Präsenzplanung vun äre Kanner informéieren.

### Kommunikatioun nëmmen nach per E-Mail

Vun haut u mussen all Informatiounen, déi Äert Kand betreffen (Ännerung vum Plang, zousätzlech Umeldunge fir den Dag selwer oder Woch,....) obligatoresch per E-Mail op déi follgend Adress geschéckt ginn: **maisonrelais@useldeng.lu**

Telefonesch Kommunikatiounen oder Ännerunge ginn net méi akzeptéiert, fir eng besser Dokumentatioun an Transparenz ze garantéieren.

### Präsenzplang muss bis spéitstens de 25. vum Mount erageschéckt sinn

Mir erënneren Iech drun, datt de Präsenzplang vun de Kanner fir de follgende Mount bis spéitstens de 25. vum Mount bei eis muss agereecht ginn. Bei Pläng, déi no dësem Datum agereecht ginn, kënne mir net méi garantéieren dat d'Betreiung vun Ärem Kand méiglech ass, benotzt w.e.g déi Formulare pro Mount, déi dir um Internetsite fannt: **http://useldeng.schoul.lu** a schéckt en un eis E-mail-Adress.

### Moies 7.00 Accueil

Bedéngt duerch déi héich Unzuel u Kanner, déi all Dag am Accueil präsent sinn, an am Sënn vun der Sécherheet an enger gudder Betreiung fir jiddereen, **ass et ab September 2025 obligatoresch äert Kand am Virfeld per Mail Moies fir den Accueil um 7.00 unzemellen**.

Mir soen Iech Merci fir Är Verständnis. Dës Mesuren erlaben eis, den Accueil vun Äre Kanner besser ze organiséieren an eng kloer an effizient Kommunikatioun ze garantéieren.

*Sandy Martins - Chargée de direction*
*Monia Laux - Chargée de direction adjointe*

# Mëttel-alterfest



© Discover Luxembourg

Och dëst Joer war eist Mëttelalterfest, dat mir fir 18. Kéier organiséiert haten, e groussen Erfolleg.

Samsdes a sonndes hu 65 Händler hir Wuere fir Grouss a Kleng ugebueden. Donieft hunn Handwierker hir Konscht gewisen, Schwertkämpfer hu sech duelléiert, Musek a Gesank hu sech ofgewiesselt. Klunschen a Karussell hu Kanner amuséiert. Och fir dat leiflecht Wuel war beschtens gesuergt.

D'Härenekipp vum FC Jeunesse Useldeng seet alle Visiteuren e grousse Merci.

**Rendez-vous fir 2026 ass den 13. a 14. Juni.**





© Discover Luxembourg




© Discover Luxembourg




© Discover Luxembourg


© Discover Luxembourg


© Discover Luxembourg


© Discover Luxembourg


© Discover Luxembourg




© Discover Luxembourg



© Discover Luxembourg



© Discover Luxembourg



© Discover Luxembourg

# Nationalfeierdag an der Gemeng



No engem feierlechen offiziellen Deel an der Kierch an der Medaillen-Iwwerreechung am Burghaff, ass et bei guddem Wieder a super Stëmmung op der Tit Schroeder Plaz weidergaangen.

E grousse Merci geet un d'Paschtéier Jean-Jacques Flammang a Mathieu Janssen fir den Te Deum, d'Chorale an d'Harmonie Useldeng fir déi musikalesch Begleedung an der Kierch sou wéi am Kortège, den Useldenger Pompjeeën fir dobäi sinn beim Kortège, de Kultur a Buergfrënn fir d'Organisatioun vum Volleksfest, den Indiaca Nethoppers fir den









Service beim Comptoire a beim Grill, dem Carlo Lampertz fir de Katering an Gans Anders fir d'Musik am Laaf vum Nomëtten.

Merci och u jiddereen deen um Fest war an zur gudder Stëmmung bäigedroen huet.


Zesumme liewen























TEXT: CLAUDE BOUDLER

# Nopeschfest an der Cité Penzelbaach



D'Nopeschfest 2025 an der Cité Penzelbaach war dëst Joer de Freideg, 16. Mee.

Fir déi 9. Editioun hate sech dëst Joer eng Rekordzuel vun Awunner aus eiser Cité ugemellt, fir ab 18.00 Auer an eisem Turbo Rond-Point e flotten Owend ze verbréngen. Ënnert de Gäscht waren traditionell och eise Buergermeeschter Pollo Bodem a säi Schäffe Raoul Schaaf, all Kéiers zesumme mat hire Fraen.

Nodeems mir d'lescht Joer vun engem Awunner, deen eis Cité verlooss huet e Live Orchester offréiert kruten an dat sou gutt fonnt hunn, hate mir dann dëst Joer op eege Käschten den Orchester „Gans Anders" engagéiert, déi fir gutt Stëmmung gesuergt hunn.

Bei guddem Wieder gouf gegrillt, deen een oder anere Patt zesumme gedronk a schonn un de Pläng geschafft wéi dann d'Jubiläums-editioun vum nächste Joer kéint ausgesinn.

TEXT: CLAUDE BOUDLER

# FC Jeunesse Useldeng – No der Saison 2024/25 a virun der Saison 2025/26

## Generalversammlung 2025

De Comité vum Veräin hat dëst Joer fir Sonndeg, den 13. Juli 2025 op seng Generalversammlung agelueden, wou de Resümmee aus de vergaangenen 12 Méint vum ganze Veräi gezu gouf. No der Begréissung vum President Marcel Kauthen ass de klasseschen Ordre du jour duerchgeholl ginn. Am éischte Punkt goufen d'Statute vum Veräin un dat neit ASBL-Gesetz ugepasst, soudass eise Veräin och elo hei conforme ass.

Am Tätigekeetsbericht huet eise Sekretär Jérôme Heirendt d'aussersportlech Aktivitéiten opgezielt, ënner anerem eis traditionell After Work um leschte Freideg am Mount, verschidden Turnéier an Aktivitéite wéi de Chrëschtmaart oder d'Mëttelalterfest.

De Keesebericht vum Claude Metz huet dëst Joer mat engem Benefiss ofgeschloss. Eis Keeserevisoren hunn dem Caissier eng gutt Aarbecht attestéiert – dat an hirem leschten Asaz als Keeserevisoren no ville Joren. Dem Roger Jacoby a Jos Wampach gouf nach eemol nodréiglech e grousse Merci gesot. Si gi vun der neier Saison u vum Thomas Völkening a Raymond Barthelemy ersat.

Nieft de Keeserevisore waren et awer och zwou Persounen aus eisem Comité, déi no ville Joren decidéiert hunn, aus fräiem Wëllen de Comité ze verloossen. De Jacques Boudler a Frank Degraux ginn ersat duerch de Marcel Welfring an Albert Ramdedovic.

Nodeems dunn den Thierry Bodem nach d'Transferte virgedroen huet, goung d'Wuert um Enn vun der Versammlung un de Buergermeeschter Pollo Bodem. Hien huet de Veräin op de leschte Stand betreffend dem Chantier vum neie Futtballterrain bruecht. Duerch verschidden Ëmstänn huet de Chantier e bësse Retard kritt, soll awer definitiv fir Enn 2026 fäerdeggestallt sinn. Hien huet de Futtball gelueft als gudde Vertrieder vun eiser Gemeng an ass houfreg op déi sëllege Jugendspiller, déi mëttlerweil am Veräi spillen a fir déi deen neie Futtballterrain dringend gebraucht gëtt.

De Patrick Grettnich hat virdrun nach de Resümmee vu senger éischter Saison als Cheftrainer vun de Seniore gemaach, huet awer drop gehalen seng Assistente Samir Kalabic, Albert Ramdedovic an Hugo Correia mat ze ernimmen



Comité 2025



Bambini 2025



Poussins 2025



Poupilles 2025

a gesot, dass si just als Team funktionéieren.

Ech wëll emol op d'Resümmeeë vun eisen Ekippen agoen, ugefaange mat eise Seniors 1. Am Championnat an an der éischter Saison vum neie Cheftrainer Patrick Grettnich huet eis 1. Ekipp mat 45 Punkten aus 30 Matcher ofgeschloss, op der 6. Plaz vu 16. Mir haten eigentlech e gudde Start an d'Saison mat enger Victoire géint Schieren. Am zweete Match war et direkt e Gläichspill zu Vianden. Sou ass d'Hironn e bëssen dohi geplätschert. Mir hu Matcher verluer, déi mir net hätte misse verléieren, an haten net ëmmer d'Gléck op eiser Säit.

An der Réckronn war et e bëssen dat selwecht Bild, bis mir zum Schluss vun der Saison anescht opgetruede sinn an en anert Gesiicht gewisen hunn. Déi lescht 4 Matcher hu mir alleguer gewonnen. Mir waren déi eenzeg Ekipp, géint déi de Champion aus eisem Bezierk, Lorentzweiler, ni gewonnen huet. Um Enn musse mir mat der 6. Plaz zefridde sinn a probéieren an der neier Saison eng besser Placéierung erauszehuelen.

A propos Lorentzweiler: niewent dem Championnat hu mir och an der Coupe de Luxembourg an an der Coupe FLF gespillt.

An der Coupe de Luxembourg war an der 2. Ronn Schluss, mee an der Coupe FLF hu mir et bis an d'Finall gepackt, wou dann eben Lorentzweiler op eis gewaart huet.

## Coupe FLF

Et war den absoluten Highlight vum Veräin an dësem Joer – an iwwerhaapt a senger Geschicht –, dass mir dëst Joer fir d'éischte Kéier als FC Jeunesse Useldeng an enger offizieller Coupefinall stoungen. De 7. Juni hu mir als leschte Match vun der Saison d'Finall vun der Coupe FLF zu Kehle géint Lorentzweiler gespillt.

Fir an dës Finall ze kommen, hu mir misste 5 Ronne respektiv 5 Géigner iwwerstoen. Der Rei no waren dat: FC Syra Mensdorf (knapp mat 0-1), Etoile Sportive Künzig (4-2 n.V.), Bastendorf (1-0), Housen (3-2) an an enger spannender Halleffinall viru 450 Leit zu Useldeng um Terrain géint Diekirch (2-1). An der Finall zu Kehlen am Stade Albert Berchem ware laut FUPA 1.197 Zuschauer.

Et war e Match, dee ganz grouss opgezu gouf, a wou laut mengen Aschätzunge méi blo ewéi orange Support op den Tribünen ze gesi war. Lorentzweiler war um Pabeier liicht Favorit, mee den Optimismus zu Useldeng war grouss. Déi zwou Ekippe si begleet vun enger Selektioun u Jugendspiller vu Lorentzweiler an Useldeng op den Terrain komm.

Nom Ustouss hat Useldeng déi éischt Golchance. An der 9. Minutt si mir awer mat 0-1 a Réckstand geroden. Dësen hu mir an der 18. Minutt duerch den Daniel Adam ausgeglach. Duerno ware mir zäitweis déi besser Ekipp, sinn awer kuerz virun der Paus erëm a Réckstand geroden.

Nom Säitewiessel hate mir duerch de Mamadi Djallo direkt eng Riesechance, déi vill Leit op den Tribünen am Gol gesinn hunn – de Linieriichter huet awer ofgewonk. Bis an d'Schlussphas sollt net vill geschéien, mee dunn ass et explodéiert: An der 90+3 huet de Jorge Lopes e Fräistouss direkt erageschoss – d'Freed op Useldenger Säit war riseg. Mee se sollt net laang halen: wéi mir schonn all vun der Verlängerung gedreemt hunn, huet Lorentzweiler nach zweemol zougeschloen (90+5 an 90+7).

Useldeng huet dës Finall verluer, mee kann awer houfreg op sech sinn. Als Member vum Comité wëll ech eise Supporter nach eemol am Numm vum Veräi villmools Merci



Minimes 2025



Scolaires 2025

soe fir dee super Support. Nom Match krute mir vum FLF-President Paul Philippe a vum Erny Decker d'Sëlwer-Coupe a Medail fir déi 2. Plaz iwwerreecht. Duerno ass et mat den 3 Fanbusser zeréck op Useldeng gaangen, wou an eiser Buvette d'Nuecht zum Dag gemaach gouf.

## Seniors Réserves

Eis zweet Ekipp huet och eng formidabel Saison gespillt. Wann ee bedenkt, dass si bei de Seniors Réserves an der zweethéchster Kategorie spillen, si si op der 5. Plaz gelant – mat 33 Punkten aus 22 Matcher.

De Cheftrainer vun eiser 2. Ekipp, Albert Ramdedovic, gëtt op eegene Wonsch an der neier Saison vum Théo Malget ersat. Dem Albert e grousse Merci, an dem fréieren Nationalspiller Théo eng gutt éischt Saison zu Useldeng gewënscht.

## Jugend 2024/25

An eiser Jugend hunn d'lescht Saison 111 Kanner aktiv a 7 Kategorien (Fillettes, Jeunes Filles, Bambinis, Pupilles, Poussins, Minimes, Scolaires) Futtball gespillt. Si goufe vun 11 Traineren encadréiert.

Et bréngt net immens vill, op all Resultat anzegoen, mee e puer erausgepickt:

- Jeunes Filles:
  1. vu 6 am 1. Tour, 4. vu 6 am 2. Tour (Divisioun méi héich).
- Scolaires:
  2. vu 5, da 5. vu 6, am 3. Tour 4. Plaz.
- Minimes:
  zweemol déi lescht, am 3. Tour 4. vun 8.

D'Minimesekipp vun der Saison 2023/24 gouf am Januar op der Sportleréierung vun der Gemeng geéiert fir hir Leeschtung.

Fir d'Saison 2025/26 hu mir leider eng Ekipp manner. Wéinst Mangel u Spillerinne kënne mir keng Fillettes méi umellen – wat eis fir déi Spillerinnen natierlech enorm leed deet. Eenzeg Méiglechkeet: si an d'Jongenekippen integréieren.

6 Jugendekippen hu mir an der neier Saison, encadréiert vun dësen 12 Traineren:

- Jeunes Filles U15:
  Cédric da Sousa, Bruno Duarte
- Bambinis:
  Hugo Correia, Nene Vinhas
- Pupilles:
  Rick Weber, Almir Canovic
- Poussins:
  Stefan Straus, Kevin Carvalho
- Minimes:
  Luka Frank, Thiago Rodrigues
- Scolaires:
  Oli Pradier, Noah Metz

Den Oli Pradier ass op eegene Wonsch zënter dem 1. Juli 2025 net méi eise Jugendkoordinator.
Well mir trotz grousser Ustrengung kee Successeur fonnt hunn, iwwerhëlt d'Jugendkommissioun dës Aufgab bis op Weideres.

Am Trainerstaff vun der Jugend hu mir leider och en Ofgang, de Rol May wäert an der neier Saison net méi am Trainerteam dobäi sinn – och hei op eegene Wonsch.
E grousse Merci fir seng Aarbecht!

D'Jugendkommissioun besteet weiderhin aus 9 Leit, déi versichen, alles ze geréieren an um Lafen ze halen.

Nieft de Leeschtungen um Terrain hate mir dës Saison och follgend Organisatiounen:

- August:
  Gedrénksstand um Castle Fun (Kommissioun „Vivre ensemble“)
- Dezember:
  Chrëschtdag op der Buerg
- Dezember–Februar:
  5 Haalenturnéier
- Februar:
  3. Editioun vum traditionelle Kannerfuesbal
- Päischtvakanz:
  Jugendcamp – e grousse Merci un



Jeunes Filles 2025

Info

**Du bass jonk an nach net beim FC Jeunesse Useldeng?**

Da komm einfach op den Training – eis Trainere ginn der all néideg Informatiounen.

Méi Informatioune fannt Dir op eiser Internetsäit: footballuseldeng.lu oder op eiser Facebook-Säit.

all Kanner an extern Hëllefer!
- Dezember:
  Kanner mat neie Joggingen ausgestatt
- Uniformen:
  Minimes spillen ab dëser Saison am selwechten Design wéi d'éischt Ekipp

Op der Coupe FLF-Finall hu mir mat enger Selektioun vu Jugendspiller d'Ekippen op den Terrain begleet an dono fir kräftege Support gesuergt.

Leider hu mir duerch Transferten e puer Jugendspiller verluer. Dat deet wéi, mee mir leeën hinne keng Steng an de Wee. Dëst erschwéiert eis Aarbecht an der Opstellung fir d'Saison, wat d'Elteren och heiansdo kritiséieren.

D'Situatioun vun eisen Terrainen ass am Verglach zur viregter Saison verbessert. Eisen Trainingsterrain ass erëm disponibel an et kënnen och erëm Matcher gespillt ginn – op mannst bis de Chantier vum syntheeteschen Terrain ufänkt.

E grousse Merci un:
- d'Gemeng Helperknapp
- d'Foussballveräiner US Beiwen an FC Brouch

Si hunn eis déi lescht zwee Joer op hirem syntheeteschen Terrain zu Béiwen trainéiere gelooss. An der neier Saison wäert dat net méi sou dacks, mee nach vereenzelt néideg sinn.



Seniores 2025

TEXT: THOMAS VÖLKENING

# Randonnée Castleride 2025!



Am 18/05/2025 hat zum achten Mal der VTT Castleride Useldeng stattgefunden und man kann durchaus sagen, dass unser Randonnée zu einer festen Größe in der luxemburger Moutainbike Szene geworden ist.

Durchgeführt wird diese Veranstaltung vom Useldinger Fussball in Zusammenarbeit mit Marcel Welfring und Thomas Völkening sowie mit der Unterstützung der Gemeinde Useldeng.

Insgesamt haben sich dieses Jahr 312 TeilnehmerInnen am Start zwischen 8:00 und 10:00 eingefunden und auf folgende Strecken verteilt:

- 12 KM / 10 TN
- 17 KM / 20 TN
- 29 KM / 60 TN
- 38 KM / 104 TN
- 50 KM / 65 TN
- 60 KM / 53 TN

Auf allen Strecken gab es Verpflegungsstationen, wo die TeilnehmerInnen neue Kraft tanken konnten.

Auf den Familienstrecken (12 und 17 Km) waren neben Fahrradfahrern auch Wanderer unterwegs.

An Ziel, dem Fußballplatz vom FC Jeunesse, konnten sich die TeilnehmerInnen dann bei herrlichem Wetter mit Hamburger, Grillwurst, Pommes Frites und zahlreichen Getränken von den Strapazen erholen, wovon auch reichlich Gebrauch gemacht wurde.

Musikalisch unterstützt wurden wir auch diesmal wieder von RedSax unter der Leitung von Raoul Schaaf, danke nochmal dafür!

Wir sind froh darüber, dass alle TeilnehmerInnen ohne größere Probleme am Ziel angekommen sind. Viele haben sich sehr positiv zu den Strecken und der schönen Natur in unserer Region geäußert und möchten auch 2026 wieder an den Start gehen.



# Die neunte Auflage vom VTT Castleride Useldeng ist in Planung und wird voraussichtlich im Mai 2026 stattfinden

Weitere Fotos vom VTT Castleride kann man sich unter www.castleride.lu ansehen.

Ein großer Dank gilt unseren Sponsoren PALL Center, Elektro Zenner, Bäcker Jos, dem Malerbetrieb Daniel Kauthen, der Provençale, der Firma Electra, Lux-Pneus S.àr.l., Pit Scholtes für die schönen Fotos sowie den vielen freiwilligen Helfern, ohne die diese Veranstaltung nicht möglich gewesen wäre.

Besonders stolz sind wir darauf, dass wir auch in diesem Jahr unseren Randonnée als Green Event Veranstaltung erfolgreich durchgeführt haben. Mehr Infos dazu kann man sich unter www.greenevents.lu ansehen.

TEXT & FOTOEN: CLAIRE KOSTER

# Club des Jeunes Useldeng






## Eis 1.-Meefeier

Traditionell hu mir dëst Joer och erëm e Meekranz gebonnen. Nodeem déi gréng Blieder zum Kranz gebonne waren, hu mir am Millenhaff zesumme gegrillt an eis bei d'Atert an d'Sonn geluecht.




MNHM

## Clubsausfluch an de Krichsmusée

Den 10. Mee ware mir mam öffentlechen Transport op Diekrech gefuer. Gestart si mir beim Café beim Fränk op der Terrasse, woubäi puer Mettwurschten a e Schofkuch hu missten dru gleewen. Duerno hu mir eis



MNHM



All In Center, Heischent

op eng historesch Rees an d'Vergaangenheet begaangen: eng Visite guidée am Krichsmusée. Déi spannend Erliefnesser an d'Informatiounen iwwert den Zweete Weltkrich hu fir Reflektioun gesuergt. Et war e Moment fir nozedenken a fir un déi schwéier Zäiten zréckzedenken, déi eis Geschicht gepräägt hunn.

Uschléissend si mir e Menü an d'Steakbar Diekirch iesse gaangen. E klenge Patt Beim Louis huet net gefeelt. Bei gudder Musek a flotter Gesellschaft hu mir e Moment entspaant, éier et weider goung.

De sportlechen Highlight vum Dag stoung am All In Center zu Heischent um Programm: Bowling, Billard an aner Spiller hu fir vill Action a Laache gesuergt. E bëssi Konkurrenzgefill war dobäi, mee ëmmer mat vill Spaass a fairer Stëmmung!

Den Owend hu mir entspaant am Millenhaff ausklénge gelooss bei gudder Gesellschaft, Sonn, enger Pizza vum Um Wier Restaurant „Chez Lisa II & Luis" an engem leschte Cocktail. Besser kann een esou en Dag kaum ofschléissen.

Eise Clubausfluch war e komplette Succès vu kulturellem Input bis sportleche Spaass a kulinaresche Genoss. Eng perfekt Kombinatioun, déi nach laang an Erënnerung bleiwe wäert!

2026: 55.JUBILÄUMS
BUCH
Virbestellungen

2026 feiert de Club des Jeunes Useldeng seng 55 Joer

Dofir hu mir e Buch zesumme gestallt, als d'Fortsetzung vun der 25 Joer Editioun, wat 30 Joer Club Geschichte zesummefaasst 1996-2026

**Inhalt**: Grousse Fotoréckbleck, Texter iwwert Events, Cabaret a nach villes méi!

Bestell elo déi Buch fir a sécher dir e vun den Exemplare als Undenken

**Virbestellung per SMS: 621 579 354**




## Open Air Useldeng: 19. Juli 20245

Den 19. Juli war et erëm sou wäit: den Open Air Useldeng huet zu Useldeng um Ökoparking seng 4. Editioun gefeiert. Virbereedunge si schonn ab Mee gelaf, an esou hu mir eis Flyeren, Béierdeckelen a Pousteren a Caféen an op Fester verdeelt.

Dëst Joer waren eis opfälleg türkis T-Shirten an der Géigend vertrueden an hunn d'Opmierksamkeet op sech gezunn. De Virverkaf spillt eng wichteg Roll; esou konnten d'Leit sech bei eis fréi e méi bëlleg Tickete sécheren.

Dëst Joer mat dobäi waren: den DJ CS an d'DJ's from Lux an d'Leit konnten eppes leckeres bei eise Foodtrucks „Frups" a „Floh" genéissen. Mir soen eise Sponsoren nach eemol: Villmools Merci!




**Info**

### Wéi kann een dem Club des Jeunes Useldeng bäitrieden?

Du bass aus der Gemeng Useldeng, hues mindestens 15 Joer, Loscht bei eisen Aktivitéiten am Duerf matzemaachen oder mat eis op aneren Aktivitéite Spaass ze hunn? Da bass du bei eis genau richteg. Fir Member ze ginn oder bei weidere Froen, kanns du dech gäre bei eis mellen.

- Facebook: Club des Jeunes Useldeng
- Instagram: cdj.useldeng
- Email: cdjuseldeng@gmail.com

TEXT: CLAIRE KOSTER

# D.T. Schandel

## Opstig

Eis Dëschtennisekipp huet et gepackt. Mat vill Engagement, Teamgeescht a gudder Leeschtung iwwert d'ganz Saison hu mir eis den Opstig verdéngt! All Match huet gezielt an d'Spannung war bis zum Schluss ze spieren. Mee eis Spiller hu Kampfgeescht gewisen a sech géint staark Géigner behaapt. De Loun: Eng Plaz an der nächster Divisioun!

E grousse Merci un all Spiller, Trainer a Supporter, ouni Iech wier dat net méiglech gewiescht! Mir freeën eis op déi nei Erausfuerderungen, an déi nächst Saison Vollgas an déi nächst Klass!

## Weekend vum Wëlle Westen

Bei flotter Musik, guddem Wieder an enger frëndlecher Ambiance hu mir um Weekend vum Wëlle Weste gegrillt. Um Menü stoung fir all Goût eppes: Wurschten an Hamburger direkt vum Grill, Vegetaresch Optioune fir eis Netfleeschliebhaber. D'Kanner hu sech beim Kannerprogramm gutt amuséiert.

## Christophorusfeier

Eis traditionell Christophorusfeier huet och dëst Joer nees um 27. Juli 2025 stattfonnt. Wéi gewinnt hu mir dësen Dag dem Schutzpatroun vun de Reesender, Chauffeuren a Gefierer gewidmet.

Direkt no der Mass goufen d'Gefierer vum Vëlo bis zum Auto geseent, fir dass all Chauffeur och déi kommend Zäit sécher ënnerwee ass.

No dësem offiziellem Deel hu mir beim Centre Culturel zesumme gemitterlech weider gefeiert. Fir d'Iessen an d'Gedrénks war wéi ëmmer gutt gesuergt: D'Gäscht konnte sech op e leckere Menü freeën. Et gouf: E Menü Pulled Pork, en Hamburgerteller mat all deem wat dozou gehéiert oder Gegrills, zerwéiert mat Fritten a frëscher Zalot.

D'Stëmmung war flott an d'Wieder huet och matgespillt, sou dass vill Leit de Wee op eis Feier fonnt hunn. Eng gelongen a familiär Manifestatioun, déi eenzegaarteg Momenter gebueden huet a fir grouss wéi kleng eppes ze bidden hat. E grousse Merci geet un all déi, déi bei der Organisatioun gehollef hunn, souwéi un all d'Gäscht, déi dësen Dag mat eis gefeiert hunn.






TEXT: MAX KOSTER

# Jugendpompjeeën



Eis Ekipp

Am Ufank vun der Summervakanz, an zwar vum 21. bis de 27. Juli 2025 hunn d'Jugendpompjeeën aus der Gemeng Useldeng um Regionale Jugendcamp vun der Regioun Norden zu Heischent deelgeholl.

Mat 14 vun am ganzen iwwert 205 Jugendpompjeeën, ware mir relativ gutt vertrueden. Opgedeelt a verschiddenen Zelter mat Jugendlechen aus deenen aneren CIS'en, hu mir wärend dem Camp vill nei Pompjeeskomerode kenne geléiert an nei Bekanntschafte geschloss.

Den 1. Dag stoung ganz am Sënn vum gemittlechen Ukommen. D'Zelter goufen opgeriicht, d'Reegele vum Camp erkläert an d'Jugendpompjeeë goufen an déi jeeweileg Zelter agedeelt. Duerno hate mir genuch Fräizäit fir eis kennen ze léieren an zesummen ze spillen. Géint der Owend gouf d'Lagerfeier ugefaang a mir hunn alleguer zesummen an der Sportshal dat éischt Owendiesse genoss.

Wärend der ganzer Woch waren eng hellewuel un Aktivitéite geplangt, woubäi all Zelt een ënnerschiddleche Programm hat, ugepasst un den Alter vun de Kanner. Loosst eis hei eemol déi verschidden Aktivitéite Revue passéieren:

- Bei der **SEBES** krute mir gewise wéi d'Waasser aus dem Stauséi an d'Opbereedungsanlag op Eschduerf gepompelt gëtt, do traitéiert gëtt, fir dass et duerno als proppert Drénkwaasser an den Drénkwaasserreseau agespeist ka ginn.





Eise Camp



- Bei der **LuxLait** um Rouscht krute mir een Abléck an d'Produktiounshale vun der Molkerei, wou d'Mëllech ukënnt, wéi se traitéiert gëtt a wéi se an d'Tetrapacks ofgefëllt gëtt. Als Ofschloss konnte mir Muffins baken, eng Schockelasmëllech drénken an eis op der Spillplaz vum Vitarium austoben.

- Déi méi kleng Jugendpompjeeë waren op Esch-Sauer an **Duchfabréck** a kruten do erklärt wéi aus der Bamwoll vum Feld herno ee faarwegt Stéck Duch entsteet. Do konnte mir eis och d'Maschinnen am Betrib ukucken an hu gesi wéi Dëschnappe fir dem Grand-Duc säin Trounwiessel hiergestallt ginn.

- Ausserdeem ware mer och an den **Eluka**. Elo frot dir Iech bestëmmt wat dat ass? Genau dat hu mir eis och gefrot. Den Eluka war eng Aktivitéit an der Natur, wou d'Kanner aus Naturstoffer ee Wasserfilter gebaut hu fir d'Reewaasser propper ze machen. Duerno stoungen divers Spiller an der Natur an och Ekippespiller um Programm. Als Ofschloss konnte mir dann och nach d'Schof an d'Geesse fidderen.

- Zu **Housen an der Schwämm** hu mir dovu profitéiert eis bei Spill & Spaass auszetoben.

- Och een Tour mam **Solarboot** um Stauséi duerft net feelen. Hei si mir zu Ënsber mam Solarboot laanscht déi „kleng" Staumauer zu Béiwen bis op de Buerfelt gefuer. No der Visite am „Centre natur et et forêt Burfelt" goung et ze Fouss laanscht de Stau zréck op Ënsber.

- Freides am Nomëtte stoung eng **Lagerolympiad** um Site vun der aaler Heischter Schoul um


Luxlait


Duchfabréck


Eluka


Eluka

Programm. Hei huet all Ekipp sech an 20 verschiddene „Mini-Spiller“ géintenee gemooss.

- **Bodykicker**: Donneschdes a Freides Owes war ee Bodykicker Tournoi, wou d'Jugendpompjeeën hiert kënnen am Foussball ënner Beweis stelle konnten.

- Beim **Toodler Rallye** krute mir mat Hëllef vun der App Actionbound ee Wee deen eis duerch Bierg an Dall gefouert huet. Virun all neiem Weehiweis misste mir och ee Spill maachen, wei z.B. dass een ee klengt Flopss baue misst aus Naturmaterialien. Den Tour hat 5 km an huet ëm déi 3 Stonne gedauert.

- Mir waren och op de **Stau Kayak fueren**.

Freides Owes gouf de Camp mat enger Kannerdisco ofgeschloss, wou grouss a kleng sech gutt amuséiert hunn. Samsdes nom Kaffi war et dann och schonn un der Zäit eis Saachen anzepaken an d'Zelter ofzeriichten. No engem excellente Mëttegiessen (d'Iesse war iwwregens ëmmer richteg gutt, dofir ee grousse Merci un de Traiteur Burg an d'Kichenekipp) war et dann och schonn un der Zäit Äddi ze soen.




Ee flotten, ofwiesslungsräichen an awer och ustrengende Jugendcamp geet op een Enn, mat hoffentlech ville flotten Erënnerungen.



TEXT: CLAUDE KAUFMANN

# Pompjeesfrënn Gemeng Useldeng

## Trapeleef

D'Trapeleef si bei eise Pompjeeë mëttlerweil jo schonn zum feste Bestanddeel vum Aktivitéitsprogramm ginn, esou hunn etlech vun eise Memberen och dëst Joer schonn un enger ganzer Rei Competitiounen deelgeholl. Hei den Iwwerbléck vun den absolvéierte Leef an dësem Joer:

### 8. Februar: Schachmatt Ulm

Bei dësem bësse méi ongewéinleche Laf goung et drëms sech am KO-System als Binôme géint déi aner Ekippen ze behaapten. Dat Ganzt war am Maritim Hotel zu Ulm (D), wou pro Laf 16 Etagen hu missen a kierzester Zäit, natierlech mat kompletter Tenue an ugeschlossener Otemschutzmask, gelaf ginn.

Eise Binôme Loos Martin / Kleer Nico hunn et dunn och bis an déi respektabel 3. Ronn gepackt.

### 5. Abrëll: Lotto Thüringen Treppenlauf zu Oberhof

Mëttlerweil ee feste Laf an eisem Programm, ass de Lotto Thürigen Treppenlauf zu Oberhof (D). Dëse Laf fënnt op enger Trap niewent der Schisprungschanz „Hans-Renner Grossschanze" statt. Gelaf gëtt am Binôme, dat iwwer 701 Trepplécker mat 180 Héichtemeter, och hei gëtt a kompletter Tenue gelaf, mat ugeschlossener Mask.

Follgend Resultater sinn hei erziilt ginn:

- Binôme 1: Kaufmann Claude / Theiß Christophe 5. Plaz an der Waertung Oldies mat 7 Minutte 47,7 Sekonnen.
- Binôme 2: Hoffmann Christophe / Kleer Nico 7. Plaz an der Waertung Oldies mat 8 Minutten 07,2 Sekonnen.

### 11. Mee: Stairways to heaven zu Quinto

Eng Première an och een absolutten Highlight war de Stairways to heaven zu Quinto (CH).

Dëse Laf zielt ouni Zweifel zu de schwieregste Leef iwwerhaapt. Laanscht Drock-Leitunge vum Ritom-Pompelspäicherwierk, geet et eng 4.261 Trepplécker mat 780 Héichtemeter an enger maximaler Steigung vun 89% erop. Hei ginn d'Leefer eenzel un de Start an et ass och keng Competitioun an deem Sënn. Gelaf gëtt a kompletter Tenue ouni ugeschlosse Mask. Dës enorm Distanz huet eise Leefer alles



Schachmatt / Ulm



Lotto Thüringer Treppenlauf / Oberhof

ofverlaangt. All eis Leefer sinn dann och op der Arrivée op 1.793 Meter ukoum, hei déi absolvéiert Zäiten, déi sech wierklech weise loossen:

- Harpes Remy 1 Stonn 0 Minutte 55 Sekonnen
- Kleer Nico 1 Stonn 17 Minutte 6 Sekonnen
- Hoffmann Christope 1 Stonn 17 Minutten 10 Sekonnen
- Loos Martin 1 Stonn 25 Minutten 31 Sekonnen
- Kaufmann Claude 1 Stonn 35 Minutten 11 Sekonnen

### 23. Mee: Stäffeleslauf zu Bad Wildbad

Och dëse Laf gehéiert mëttlerweil zum feste Programm. Déi längsten Trap an Däitschland, dëst zu Bad Wildbad (D), mat 1.987 Trëppléćker an 285 Héichtemeter niewent enger Standseelbunn, zielt et a kompletter Tenue oder och a Sportskleedung erop ze lafen. Hei d'Resultater an de verschiddene Kategorien:

- Sportler:
  - Gutjahr Lena 18 Minutte 44 Sekonnen, 6. Plaz an der Waertung Seniorinne W45, 54. Plaz an der Gesamtwaertung Fraen.
- Pompjeeën:
  - Harpes Remy 15 Minutten 18 Sekonnen, 3. Plaz an der Gesamtwäertung Männer
  - Kleer Nico 17 Minutten 12 Sekonnen, 9. Plaz der Gesamtwäertung Männer
  - Hoffmann Christophe 19 Minutte 15 Sekonne, 24. Plaz an der Gesamtwäertung Männer
  - Loos Martin 19 Minutte 45 Sekonnen, 26. Plaz an der Gesamtwäertung Männer
  - Kaufmann Claude 20 Minutte 56 Sekonnen, 37. Plaz an der Gesamtwäertung Männer
  - Rieff Claude 24 Minutte 55 Sekonnen, 64. Plaz an der Gesamtwäertung Männer

Dann huet d'Ekipp Harpes-Kleer-Hoffmann och mat 51 Minutte 45 Sekonnen déi 1. Plaz an der Feuerwehr-Mannschaftswäertung gemeet, d'Equipe Loos-Kaufmann-Rieff konnt sech déi 10. Plaz an der Feuerwehr-Mannschaftswäertung sécheren.

### 14. Juni: Skyrun zu Frankfurt

De Messetuerm zu Frankfurt (D) ass da mat sengen 1.260 Trëppléćker an 213 Héichtemeter iwwer 61 Etagen och ee beléifte Laf, deen eis Leefer dëst Joer fir 2. Kéier matlafen. Wéi üblech gëtt och hei esouwuel a kompletter Tenue mat ugeschlossener Mask (FFC Elite), ouni Mask (FFC), oder och a Sportskleedung (Sprinter) gelaf. An alle Kategorië sinn eis Leefer (verschiddener esouguer 2 mol) un de Start gaang an hu follgend Resultater erreecht:

- Sportler:
  - Gutjahr Lena 16 Minutten 02,1 Sekonnen, 1. Plaz an der Altersklass W40, 49. Plaz an der Gesamtwäertung Fraen.
- Pompjeeën (mat Mask):
  - Harpes Remy 14 Minutten 38,3 Sekonnen, 1. Plaz an der Altersklass M40 an 3. Plaz an der Gesamtwäertung FFC Elite.
  - Harpes Remy 15 Minutten 18,2 Sekonnen, 2. Plaz an der Altersklass M40 an 9. Plaz an der Gesamtwäertung FFC Elite.
  - Kleer Nico 17 Minutten 30,8 Sekonnen, 10. Plaz an der Altersklass M40 an 10. Plaz an der Gesamtwäertung FFC Elite.
  - Kaufmann Claude 19 Minutte 47,9 Sekonnen, 3. Plaz an der Altersklass M50 an 106. Plaz an der Gesamtwäertung FFC Elite.
  - Loos Martin 19 Minutte 50,2 Sekonnen, 1. Plaz an der Altersklass M60 an 108. Plaz an der Gesamtwäertung FFC Elite.



Stäffelslauf / Bad Wildbad


Stäffelslauf / Bad Wildbad



Skyrun / Frankfurt



Kölnturm-Trapelaf / Köln

- Pompjeeën (ouni Mask):
- Rieff Claude 20 Minutte 35,1 Sekonnen, 17. Plaz an Altersklass M30 a 54. Plaz an der Gesamtwäertung FFC.

**3. August: Kölnturm-Trapelaf zu Köln**

Een absolutte Klassiker ass de Kölnturm-Trapelaf, iwwregens ass dat och dee Laf, mat deem eis Ekippen am Joer 2018 mam Trapelaf iwwerhaapt ugefaangen hunn. Dat héichste Bürosgebai zu Köln bitt mat 732 Trëpplécker an 135 Héichtemeter iwwer 40 Etagen, een dach ganz agreabele Laf, deem sech eis Ekippen och dëst Joer rëm gestallt hunn. A verschiddene Kategorië si se un de Start gaang, verschiddener vun hinnen och méi wéi 1 Kéier.

- Sportler:
- Hoffmann Mathis – Hoffmann Christophe 6 Minutten 58 Sekonnen, Plaz 1 an der Alters-Klass M50, Plaz 8 an der Gesamtwäertung.
- Boudler Pit – Manoni Louis 6 Minutten 58 Sekonnen, Plaz 2 an der Altersklass M30, Plaz 9 an der Gesamtwäertung.
- Hoffmann Béatrice – Loos Martin 10 Minutten 23 Sekonnen, Plaz 1 an der Altersklass MIX 40, Plaz 35 an der Gesamtwäertung.
- Pompjeeën (mat Mask):
- Harpes Remy – Kleer Nico 9 Minutten 3 Sekonnen, Plaz 3 an der Altersklass M80, Plaz 32 an der Gesamtwäertung.
- Loos Martin – Kaufmann Claude 9 Minutten 31 Sekonnen, Plaz 1 an der Altersklass M110, Plaz 56 an der Gesamtwäertung.
- Kleer Nico – Hoffmann Christophe 10 Minutte 34 Sekonnen, Plaz 8 an der Altersklass M80, Plaz 107 an der Gesamtwäertung.
- Pompjeeën (ouni Mask):
- Harpes Remy – Rieff Claude 10 Minutte 55 Sekonnen, Plaz 3 an der Altersklass M80, Plaz 27 an der Gesamtwäertung.

## Summertour vum Inneminister

Den 23. Juli hate mir déi grouss Éier den Inneminister Léon Gloden am Kader vum Summertour, bei eis am CIS begréissen ze kënnen. Traditionell besicht den Inneminister all Joer wärend de Summerméint eng Partie Asazzenteren, dat fir sech ee Bild vun de verschiddensten Zenteren ze maachen, déi sech duerch hir Gréisst an och hir Aufgaben ënnerscheeden. Den Inneminister huet bei eis déi verschidde Gefierer an och déi 2 Spezialmoduler (DEKON & Wasserförderung) gewisen an erkläert kritt. Wärend engem klenge Patt, deen eis Gemeng offréiert huet, konnten dunn och nach verschidde Gespréicher mat eise Membere gefouert ginn.

## 150 Joer-Feier vun der Freiwilligen Feuerwehr Höhenkirchen

Vum 26. bis den 28. Juli war eng Delegatioun vun eise Membere bei eis Kolleege vun der Freiwilligen Feuerwehr Höhenkirchen a Bayern gereest. Dat fir mat hinnen hir 150 Joer ze feieren.

Depart war mueres fréi scho géint 6:00 Auer zu Useldeng. No dach méi enger laanger Urees wéi geplangt, konnte mir um Samschdeg Nomëtteg nach un der Porte Ouverte deelhuelen, déi de Corps op d'Bee gestallt hat. Trotz dem schlechte Wieder hate ganz vill Awunner och de Wee an d'Gerätehaus fonnt, fir sech d'Material, d'Gefierer an och Demonstratiounen unzekucken.

Owes war ee gemeinsaamt Iessen an engem Restaurant geplangt, wou mir ee puer flotter Stonnen zesumme verbruecht hunn. Et ass och d'Bekanntschaft mat engem Corps aus Nordfriesland gemaach ginn, déi och extra fir d'Feierlechkeeten ugereest waren.

Sonndes stoung dunn deen offiziellen Deel um Programm. Duerch dat ëmmer nach schlecht Wieder huet de Gros vun de Feierlechkeeten da leider missen am Gerätehaus ofgehale ginn. No engem „Weisswurscht-Frühstück“ konnt ganz spontan dann awer nach ee Cortège duerch d'Duerf gemaach ginn, wou eise Fändel natierlech och mat dobäi war. Uschléissend zum Gottesdéngscht gouf dunn ee regionaalt Mëttegiessen zerwéiert. Am Nomëtteg waren d'Festrieden un der Rei. Bei dëser Geleeënheet huet den Zenterchef Claude Kaufmann, stellvertriedend fir de Comité, ee Fahnenband iwwerreecht, dat als Geste vun eiser Frëndschaft a Verbonnenheet zu hirem Corps. No de Feierlechkeeten ass et dunn owes op Münche gaang, fir den Dag bei engem gemittlechen Owesiessen auskléngen ze loossen. Hei sief erwäänt, datt ee besser huet den ëffentlechen Transport ze notzen, wëll d'Offer vun de Parkplazen hei nitt esou grouss ass.

Méindes virum Retour op Lëtzebuerg, war dunn nach eng Visitt vun der Feuerwache 5 zu München um Programm. Hei kruten eis Leit ee klénge Abléck an de Fonctionnement vun enger vun 10 Kasären zu München. Duerno ass et Richtung Heemecht gaang.

Mir hoffen, dass mir eis Kolleegen dann déi nächste Kéier rëm hei zu Lëtzebuerg rëmgesinn.


Summertour Léon Gloden


Summertour Léon Gloden


150 Joer-Feier


150 Joer-Feier

# Harmonie Useldeng



© Charel Reiser

FOTO AN TEXT CHAREL REISER

# Häerz & Léiwt- Gala Harmonie Useldeng bei vollem Haus

En neien Dirigent, motivéiert Jugendmusiker an e flotte Programm ënnert dem Motto „Häerz & Léift“ bei vollem Haus. All des Mierkmoler hunn de Galaconcert 2025 vun der Harmonie Useldeng dëst Joer um Samsden, de 24. Mee, gepräägt.

E flotte Programm konnt de Moderator vum Owend, de Paul Montalto, deenen iwwer 300 Musikliebhaber am grousse Festsall presentéieren. Als Optakt vum Owend war et um Karin Pick, dat mat sengem Jugendensembel hiert Talent bei gläich zwee flott Musiksstécker „I'll Never Love Again“ an „Thinking out Loud“ beschtens konnt beweisen.

Duerno huet den neie Chef Christophe Weiland mat senge Musikanten en ofwiesslungsräiche Programm zum Beschte gi wéi „Romeo and Juliet“, „Titanic Medley“, „ Concert d'Amore“


Christophe Weiland


Paul Montalto



„Tanz der Vampire“ bis zur „West Side Story“ nieft gläich e puer vum Publikum gefuerderten Zugaben, déi all mat groussem Applaus am Sall honoréiert goufen.

Et bleift ervirzehiewen, dat d’Musiksstéck „Unchained Melody“ vun deenen dräi Bridder gesponsert gouf, zu Éiere fir hirer verstuerwener Mamm, Marthe Boudler, déi och laangjäreg Vizepresidentin vun der Useldenger Musik war.

Mat engem grousse Merci konnt d’Sonja Leider säin neit Instrument vum Raoul Schaaf mat senger Madamm als Sponsor gären entgéinthuelen.

Ganz zefridden iwwert de flotte Galaoptrëtt vum Jugendensembel mat alle Musikante vun der Useldenger Harmonie mat hire jeeweilegen „chefs d’orchestre“ huet sech de President Georges Boudler gewiesen a jidderengem Merci gesot fir d’Kommen.

Natierlech huet hien all de Sponsore vun de Musiksstécker an och der Gemengeverwaltung fir hir Ënnerstëtzung säin opriichtege Merci ausgedréckt. D’UGDA war och hei vertrueden duerch den Här an der Madame Raoul Roettgers.

De Galaconcert 2025 zu Useldeng huet bei gemittlechem Zesummesinn a gudder Gesellschaft sengt würdegt Ënn fonnt.



Sonja Leider a säin neit Instrument



TEXT: MAX KOSTER

# T'ass Kiermes am Duerf …

Wärend deene leschte Méint stoungen erëm eng etlech Hämmelsmärsch fir d'Useldenger Musik um Programm.

Ugefaang huet et mam Hämmelsmarsch zu Iewerleng, duerno zu Schandel, uschléissend am Pescatore an ofschléissend zu Useldeng.

Am November (16.11.2025) steet dann nach de Rippweiler Hämmelsmarsch um Programm. A verschiddenen Ekippe si mir duerch d'Stroosse vun eisen Dierfer gaangen, fir den Awunner den Hämmelsmarsch ze spillen.

Mir soe jidderengem MERCI, deen eis ënnerstëtzt huet, sief et finanziell oder mat engem gudde Maufel a Patt.



Iewerleng



Schandel

TEXT: MAX KOSTER / FOTOEN: CHAREL REISER

# Ofschlossconcert

Als Ofschloss vun der musikalescher Saison 2024-2025 stoung dënschdes, de 15. Juli eisen traditionellen Ofschlossconcert um Programm. Hannert dem Centre Culturel, op der Tit Schroeder Plaz hu mir ënnert fräiem Himmel déi leschten Noute vun der Saison gespillt.



Ënnert der Leedung vum Karin Pick, huet de Kanner- a Jugendensembel ugefaang, iert et duerno mam „groussen“ Orchester, ënnert der Leedung vum Christophe Weiland virugoung.

Duerno gouf den Owend nach bei engem Patt a Maufel ausklénge gelooss iert et an déi wuelverdéngte Summerpaus ka goen. Mir freeën eis scho mat vollem Elan déi nei Saison am September unzefänken.







# Ee ganz gelongene Schoulofschloss mat der APECU!

Kuerz virun der Summervakanz ware mir, d'Membere vun der APECU, richteg op Héichtouren!

De Schülerinnen a Schüler aus dem Cycle 4.2, déi d'Useldenger Schoul am Juli verlooss hunn, fir hire Sprong an de Lycée ze maachen, hu mir e ganz flotte Sweatshirt geschenkt als eng Erënnerung un hir Schoulzäit an eiser Gemeng.



Freiden, den 11. Juli, hu mir all de Schoulkanner an dem Léierpersonal eng erfrëschend Glace offréiert, déi si um Schoulfest konnte genéissen. Nomëttes, ab 16:00, huet d'Apecu fir d'Schoulkanner an hir Famillen ee leckere Catering organiséiert, wou Gedrénks, Gegrills a Kuch zerwéiert goufen.

D'APECU huet sech och mat enger klenger Spend vun 250 € um Don vun der Useldenger Schoul fir d'ONGD Guiden a Scouten fir eng Welt bedeelegt.




Am Numm vun der APECU soe mir all deenen, déi um Schoulfest ausgeholfef hunn, ee grousse Merci!

Mir freeën eis elo op dat nächst Schouljoer, fir dat mir schonn um Plange sinn (Sciencebus, Bee-Secure Owend etc.).

D'APECU gëtt iech all elo scho Rendez-vous de 16. Oktober an der Buvette vun der Turnhal vun der Useldenger Schoul fir seng alljärlech Generalversammlung.

TEXT: PAUL MONTALTO

# IBS - Iewerlenger Bréckestäiler





Kucke mir zeréck op eis läscht Aktivitéiten, da stécht sécherlech eisen Duck Race eraus. Mir haten, nieft ville Leit 1.299 Inten um Start a versécheren iech: D'nächst Joer sinn et der méi! Mir goufen nämlech sou iwwerlaf, dass mir den Dag selwer moies ganz fréi, scho leider keng méi hate fir op der Plaz ze verkafen.

Musikalesch encadréiert gouf den Apero vum Kanner- a Jugendensembel vun Useldeng, déi nieft Museksschoul an Diplomiwwerreechung sech awer sou organiséiert krute bei eis laanscht ze kommen. Hinnen an dem Karin Pick nach eemol e grousse Merci fir dat Engagement! Mëttes hunn du MayB2 eis mat Klassiker aus de 70er bis d'2000er musikalesch verwinnt.

Nieft Musik, Inte Course, Iessen a Gedrénks hate mir dann awer och nees eng ganz Partie gratis Kanner-animatioune virgesinn. Sou konnten d'Eltere sech beim gemittleche Patt ënnerhalen an d'Kanner hu sech géigesäiteg selwer versuergt an animéiert.

**A well nom Duck Race bekanntlech virum Duck Race ass, dierft dir iech elo schonn den 12. Juli 2026 fett an de Kalenner androen.**

Dann huet et eis natierlech och nees gefreet, dass sech eng ganz Partie Fräiwëlleger fonnt haten, di bereet waren eis ze hëllefen. Hinnen och nach eemol op dëser Plaz en décke Merci!

Nieft dem Duck Race hate mir da bis zum Erschénge vun dësem Artikel och nees all éischte Sonndeg vum Mount eise klenge Bistro an der Aler Schoul op. An all Apero war e schéinen Apero! Iewerlenger, souwéi Net-Iewerlenger, al Bekannter, mee och ëmmer erëm nei Gesiichter fanne sech bei eis zesummen, fir en agreabele Moment mateneen ze verbréngen. Mir wäerten dee Rhythmus vum éischte Sonndeg am Mount dann och an Zukunft bäibehalen.

# Eng gelonge Kiermes fir feierlech an de Summer ze starten!

De Weekend vum 14. a 15. Juni wor zu Schandel definitiv eng méi lass ewéi soss!

D'Schandeler Duerffrënn hunn nämlech op dësem Weekend hir 5. Kiermes organiséiert.

De Startschoss hu samschdes en hollännesche Grupp vu ville Motorrieder ginn, dee ganz spontan op eis Kiermes ee Patt huele komm ass! Mat hirer gudder Stëmmung ass et du weidergaang an um 17:00 Auer wor dunn déi offiziell Aweiung vun der Kiermes, mat enger Ried vum Här Buergermeeschter an enger grousser Majoritéit u Memberen aus dem Gemengerot.

Um 18:00 wor d'Feelener Strëpp op Besuch an huet fir flott musikalesch Animatioun gesuergt. Bis ganz spéit an d'Nuecht ass et du gefeiert ginn.

De Sonndeg, 15. Juni, huet d'Harmonie vun Useldeng hiren traditionelle Concert ginn.

Duerno konnten d'Kanner sech op eiser Kiermes nees op risege Sprangschlässer austoben, Intefëschen oder sech mat Schneekegkeete verwinne loossen, wärend déi Grouss sech ee Patt oder Gegrills gegënnt hu respektiv versicht hunn, op der Schéissbud flott Präisser ze gewannen.

D'Schandeler Duerffrënn soen all deene Merci, déi, trotz deene villen Eventer vun dem Weekend, de Wee op eis Kiermes fonnt hunn a mat eis eng schéin Zäit verbruecht hunn.

Mir ginn iech elo scho Rendez-vous fir d'Kiermes 2026 (den 30. an 31. Mee) a verspriechen nach méi Animatioun!










# Les Amis du Prieuré d'Useldange



Titelsäit vum Buch

An der Useldinger Duerfgeschicht stécht d'Joer 1624 besonnesch ervir duerch den Hexeprozess géint d'Katrin Theis.

400 Joer duerno gouf dëser onséileger Episod an enger Erënnerungswoch geduecht mat enger Rei vu Konferenzen, Ausstellungen an engem Theaterstéck, dat de Prozess erëmgespigelt huet.

Mëtt Oktober 2025 – ee Joer duerno – publizéieren d'Useldinger Prioratsfrënn e Buch mam Titel: „**1624, Hexejuegd zu Uselding - De Prozess vun der Katrin Theis**".

Dës Geriichtsaffär ass effektiv vu grousser historescher Bedeitung. Aleng dass de Rapport vum Prozess a senger Gesamtheet erhale blouf, ass schonn eng Raritéit. Doriwwer eraus gëtt se wäertvoll Informatiounen iwwer de juristeschen, politeschen a soziale Kontext am 17. Joerhonnert.

D'Buch besteet aus 4 Deeler mat enger Rei Artikelen a villen Illustratiounen, dorënner och nach bis elo onveröffentlecht Erkenntnisser aus rezenter Recherche.

D'Bäiträg goufe geschriwwe vum Patrick Koster, Georges Majerus, Nicolas Majerus (†), Jean-Claude Muller, Jean Nehrenhausen, Ginette Nierenhausen a Stephie Reichert.

Info

**Sidd Dir interesséiert? Da reservéiert Iech elo schonn en Exemplar.**

- mat engem Mail un den Albert Waltzing (alwal@pt.lu) oder
- mat engem Uruff/Whatsapp op säi GSM 691 630 044

D'Detailer iwwert de Präis an d'Liwwermodalitéiten deele mir Iech gäre mat soubal se disponibel sinn.

Hei e kuerzen Abléck an den Inhalt vum Buch:

**Schlësselfiguren**

- Wie war d’Katrin Theis a wéi konnt et zum Prozess géint des Fra kommen?
- Wie waren déi am Prozess implizéiert Useldinger Familljen, hir Relatiounen ënnereneen an hir sozial Stellung am Duerf?
- Wéi huet d’Geriichtsbarkeet funktionéiert? Wéi huet d’Aarbecht vun den Henker, ausgesinn, a wéi waren dëse Leit hir familiär Ëmstänn? Wou waren d’Exekutiounsplazen an den Herrschaften Uselding an Everling?

**Historesche Kontext**

- De Phenomen vun den Hexeverfollgunge queesch duerch Europa a spezifesch zu Lëtzebuerg.
- Eng detailléiert Analys iwwer d’Verbannung, d’Ächtung an d’Exkommunikatioun als Bestrofung vu Verurteelten oder „personae non gratae“.
- De gesetzleche Kader vun der Tortur zu Lëtzebuerg bis zu hirer Abolitioun.


**Rekonstruktioun vum Prozess an historesch Dokumenter**

- Den Hexeprozess géint d’Katrin Theis a sengem chronologeschen Oflaf.
- De Käschtenopwand vum Prozess, besonnesch am Hibléck op d’Zeiegelder.
- Eng Biographie vum Useldinger Geeschtlechen, dem Professer Clomes, deem d’Erhale vum Prozessdokument ze verdanken ass.
- En Abléck an original Textauszich vun a ronderëm de Prozess an hir Transkriptioun.

**Commemoratioun vum Hexeprozess**

- De komplette Skript vum Theaterstéck vun Oktober 2024 mat ville Fotoen vun a ronderëm déi zwou Opféierungen.
- Eng Presentatioun vu Bicher an Artikelen zum Useldinger Hexeprozess.
- Eng Fotoreportage iwwer déi permanent an temporär Expositiounen zum Thema.
- E Réckbléck op d’Konferenzen vun Oktober 2024.
- Den Echo an de Medien.

D’Publikatioun vum Buch, dat an enger héichwäerteger Opmaachungan a limitéierter Zuel erauskomme wäert, konnt op d’Ënnerstëtzung vun der Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte an der Useldinger Gemeng, souwéi dem Patronage vum Här Kulturminister Eric Thill zielen.



„Unseldingen 1624“ ee Plang gezeechent vum Eliette Fritz

# Dëst Joer war eng Saison gefëllt mat Indiaca.

Eise Club huet sech net nëmmen um Terrain dru ginn, mee och nieft dem Terrain war eis Ekipp gutt vertrueden.

## Championnat

Saison 2024/2025 ass eriwwer a mir kënnen eng flott Bilanz zéien.

Eis Damme konnte sech déi 2. Plaz hannert Kolmer sécheren.

Eis Hären hunn um 2. Spilldag leider missten, verletzungs- a krankheetsbedéngt Forfait erklären, wouduerch et fir des Saison just di lescht Plaz ginn ass.

Eis Mixte Ekipp huet eng 4. Plaz erreecht.

## Coupe

Dëst Joer hunn eis 3 Ekippen et fir d'éischte Kéier gepackt all an d'Coupe-Finall ze kommen.

D'Coupe-Finalle sinn net wéi üblech an der Coque gespillt ginn, mee dës Kéier an der flotter Hal um Helperknapp.

Obwuel et an alle Kategorië just fir déi 2. Platz duergaangen ass, hu mir als Spiller eis immens iwwert de Support vun de villen Zuschauer gefreet. Heifir wëlle mir eis ganz häerzlech bei jidderengem bedanken, deen Zäit fonnt huet laanscht ze kommen.

Den Dag gouf am Restaurant zu Brouch mat der ganzer Mannschaft ofgeschloss.

## Nuit du Sport 2025

De 14.06.2025 huet et a ganz Lëtzebuerg geheescht: Sport fir grouss a kleng.

Ganzer 49 Gemengen hunn deen Dag matgemaach an eng Sportveranstaltung op d'Bee gestallt, fir de Kanner mee och den Erwuessenen d'Méiglechkeet ze ginn, verschidde Sportaarten aus hirer Gemeng auszeprobéieren.

Den Indiaca Nethoppers Useldeng war dëst Joer bei der Nuit du Sport vun der Gemeng Rammerech dobäi an huet eng ganz positiv Erfarung gesammelt. Mat verschidden Atelieren déi opgebaut gi sinn, konnten sech di Sportbegeeschtert am Indiaca ausprobéieren an de Ball mat de roude Fiedere besser kenne léieren.

## Nationalfeierdag

Den 23.06.2025 hate mir di grouss Éier op Nationalfeierdag eis ëm de Gedrénks- a Grillstand ze këmmeren an de Leit Gedrénks an Iessen ze zerwéieren.

Eng flott Ambiance, gutt Musek a gutt Wieder hunn dofir gesuergt dass eis déi Aarbecht immens vill



Coupe



Nationalfeierdag


Durbuy



Spaass gemaach huet a mir hunn op deem Dag gemierkt, dass mir net nëmmen um Terrain harmonéieren, mee och nieft dem Terrain als Ekipp funktionéieren.

Mir soen der Gemeng Useldeng villmools Merci fir dës Opportunitéit.

## Teambuilding zu Durbuy

De Weekend vum 17.-20. Juli 2025 ass de Club mat der ganzer Ekipp op Durbuy gefuer fir e klengen Teambuilding.

Nodeems jiddereen den éischten Owend ukomm ass, gouf gegrillt a verschidde Spiller gespillt.

Den 2. Dag goufe flott a sportlech Aktivitéiten am Adventure Valley vun Durbuy gemaach. Vu kloteren, zu rutschen, sprangen a robben war alles dobäi. Zum Schluss si mir nach mam Kayak 4km gepaddelt an hunn den Dag mat enger gudder Raclette ofgeschloss.

## Indiaca Weltmeeschterschaft 2025 zu Tartu (Estland)

Et war rëm sou weit, dëst Joer huet d'Weltmeeschterschaft 2025 zu Tartu an Estland stattfonnt an eise Club Indiaca Nethoppers Useldeng war mat ganzer 9 Leit (3 Trainer + 6 Spiller) vertrueden.

Dobäi sinn 1 Damm an 1 Trainer bei der Dammen-Ü40 ugetrueden, 3 Dammen an 1 Trainer bei den Dammen-Open, 1 Här bei den Hären-Ü40, 1 Här bei den Hären-Open an 1 Trainer bei de Mixte-Open matgaang. Woubäi déi 2 Spiller aus der Kategorie Ü40 sech och fir de Mixte qualifizéiert hunn.

Den 2. August ass et lassgaang, mam Bus op de Flughafen op Frankfurt a vun do aus mam Fliger op Talinn.

An der Haaptstad ass e Bus eis lëtzebuergesch Delegatioun siche komm an huet eis op Tartu gefouert.

No der Opening Zeremonie ass d'Weltmeeschterschaft dann offiziell de 06.08.2025 lassgaangen.

Ugefaange mat den Hären-Open, den Dammen-Open an Ü40 Mixte.

De 07.08.2025 waren dun Ü40-Dammen, Ü40-Hären a Mixte-Open drun.

Freides den 08.08.2025 sinn dann d'Halleffinalle gespillt ginn, an deene Lëtzebuerg an all Kategorien, ausser der Ü40-Mixte, vertruede war.

Samsdes sinn no de Finallen da Medaile verdeelt ginn an et gouf eng grouss Closing Ceremony mat Dinner an Afterparty.

Lëtzebuerg konnt follgend Placéierunge beleeën:

- Ü40-Dammen: 4. Plaz
- Dammen-Open: 4. Plaz
- Ü40-Hären: 2. Plaz
- Hären-Open: 2. Plaz
- Ü40-Mixte: 5. Plaz
- Mixte-Open: 4. Plaz

D'Rout Léiwen hunn alles ginn a fir all Ball gekämpft.

Am grousse ganzen zefridde mat der Leeschtung, konnte mir vill Impressioune sammelen an hunn eng immens flott Erfarung gemaach. Immens midd awer och houfreg bréngt eis Lëtzebuerger Ekipp 2x Sëlwer mat heem.

**Info**

Falls dir iech elo denkt, wéi flott, do well ech dobäi gehéieren, da mellt iech gäre bei eis oder kommt um Training bei eis laanscht, mëttwochs ab 20h00 an der Hal zu Useldeng. (Ëmmer vum 15.09-15.07)

Mir sinn ëmmer frou iwwer nei Gesiichter.

Oder verfollegt eis Evenementer op de Soziale Medien ënner:

- Instagram: indiacanethoppers
- Facebook: Indiaca Nethoppers Useldeng





TEXT: MARIANNE HARPES

# Wat leeft bei der Kierch am Duerf?





De 26.3.25 hate mir eis Generalversammlung, wou mir op d'Joer 2024 konnten zréckkucken.

Am Comité ass e bëssi Changement, nodeems dass d'Lou Anzia-Ney vum Presidenteposten zréckgetrueden ass huet d'Marianne Harpes dëst Amt iwwerholl, de Fernand Even an d'Monique Kleer hunn och hiert Mandat am Conseil niddergeluecht. Dëst Joer hu mir och eis Statuten ugepasst, fir sou konform mam neien Asbl-Gesetz ze sinn.

Eng ganz Rei flott Aktivitéite sinn traditiounsgeméiss fest an eisem Kalenner, sou eist Familljefest zu Uselding, eng Liichterfeier fir Kanner zu Rippweiler, de Jugendkräizwee zu Rippweiler, dee mir mat den Oeuvres Paroissiales Rippweiler zesummen organiséieren.

Des Weidere sinn eis Konferenze wichteg, sou hate mir d'lescht Joer eng Table Ronde zum Thema Aarmut an eiser Gesellschaft mat enger Rei interessanten Invitéen, dëst Joer huet den Här Jean-Claude Muller eis Interessantes iwwert d'Marie Veréierung an eise Géigenden erkläert. Am Oktober erënnere mer eis och ëmmer am Rousekranzgebiet un all di léif Verstuerwen, déi eis an deem Joer verlooss hunn.

Besonnesch schwéier ass et eis all gefall fir dem Marthe Boudler Äddi ze soen. Hatt war eng dreiwend Kraaft an eisem Veräin, huet vill kleng Aarbichte rechts a lénks erleedegt, ëmmer ouni groussen Tam Tam.



D'Marthe war säit der Grënnung vun der KAD bei eis Member, dobäi scho virdrun ebenfalls am Parrot an am Kiercherot täteg. Wien erënnert sech nit ënner anerem u seng extra gutt Fritten, déi hatt op sou ville Fester gemaach huet.

Um leschte Familljefest huet d'Anni Linster gezielt: *„Dat Fest war fir hatt, wéi wa Kiermes wier, well vill vu senger Famill, Frënn a Bekannten si senger Invitatioun nokomm, a si mëttes iesse komm.*

*Ech mengen, déi sinn och gäre koum, well hatt huet sech nach bei senger viller Aarbicht Zäit geholl, fir nach e puer Wuert mat jidderengem ze schwätzen, an och emol eng Kippche mat ze drénken. D'Marthe war ee gesellische Mënsch a war och gär dobäi, wa gefeiert ginn ass.*

*D'Marthe huet grousse Wäert drop geluecht, dass dir iech all hei op dem Fest géift wuel fillen. Dat Familljefest war ewéi e Stéck vu sengem Liewen, hatt huet ëmmer un den Traditioune festgehal… Duerfir ass et ëmsou méi schwéier ze begräifen, dass d'Marthe oder d'Marthchen, wéi et vu ville genannt gouf, nit méi ënnert eis ass.*

**…. Marthe, haut feelt hei deng Hëllef, däin Engagement, deng Liewensfreed, deng Gesellegkeet a virun allem däin häerzlecht Laachen. Mir vermëssen dech a wäerten dech ëmmer a gudder Erënnerung behalen.** *"*

Op eiser leschter Night of the Saints am November „Ee Somkär vun Hoffnung" Dialog tëscht Reliounen a Kulturen ass ee Räichtum, hu mir mat eise verschiddenen internationalen Invitéen ënnerschiddlech Erfarungen ausgetosch. Sou probéiere mir eisen Deel dozou bäizedroe fir ënnerschiddlich gesellschaftspolitesch Themen unzeschwätzen a gemeinsam driwwer nozedenken.

**Info**

Sollt dir interesséiert sinn d'Flyere vun eisen Aktivitéiten oder méi spontan Aktioune gemailt oder per Whatsapp ze kréien, dann hannerloosst eis är Kontakter per SMS um 691494728 oder marianne.harpes@gmail.com.

Weider Informatioune fannt dir op www.kad.lu



TEXT: JEFF BAUER

# Nopeschfest Helpersbierg 2025



Den 22. Juni hate sech d'Noperen aus der Cité Helpersbierg, no 6 Joer Paus, erëm getraff fir zesummen e Fest ze feieren.

Vu moies bis owes hate mir vum gudde Wieder profitéiert, an hunn zesumme gegrillt, gelaacht a gedronk. An de leschte Jore sinn e puer nei Gesiichter bäikomm an och 2 Haiser aus der zweeter Phase vum Lotissement sinn ënner eis mat oppenen Äerm begréisst ginn.

D'Kanner hu sech mat allerlee Spiller beschäftegt a sinn dobäi och mol naass ginn an haten hire Furri.

Et wor jiddwereen immens zefridden a mir waren eis all eens fir d'Traditioun vum Nopeschfest erëm opliewen ze loossen a fir 2026 déi nächst Editioun ze plangen.

Op dëser Plaz wëlle mir nach eng kéier e puer Mercie weider ginn:

Der Gemeng fir d'Bereetstelle vun der Plaz, de Bänken, Clôturen an der onkomplizéierter Hëllef.

Den Iewerlenger Bréckestäiler, dass si eis hiert Zelt a Griller zur Verfügung gestallt hunn. Wiesen & Piront fir en Don fir Gedrénks.

Mat dem Iwwerschoss vum Budget spende mir en Deel un APECU & un d'Iewerlenger Bréckestäiler.

TEXT: MARIANNE HARPES

# Duerffënn Rippweiler

Wéi zënter ville Joren, hu mir och dëst Joer erëm eisen Trëppeltour „Nom Bësch un den Dësch“ organiséiert. D’Wieder war dëst Joer ganz op eiser Säit an eis Gäscht hunn den Tour an den Apero am Bësch mat musikalischem Encadrement vum Red Sax Ensemble richteg genoss.

De kulinarischen Highlight war dunn eng lecker Entrecôte mat hausmaacher Wedges an Zalot, eng Assiette mat Ham oder eng vegetarisch Variant beim Centre Culturel ënnert dem Zelt. D’Kaffisstuff war gutt gefëllt mat lauter selwer gebaken Delikatessen. Mir ware frou, dass sou vill Leit komm waren a mat eis e puer gemittlech Stonne verbruecht hunn an hoffen, dass mir dat nächst Joer kënnen op dee selwichte Succès zielen.

Fir dat Gesellescht ënner eis ze fërderen, mécht eise Veräin och reegelméisseg een Ausfluch fir seng Memberen: d’lescht Joer ware mer an der Stad op Visitt vun de Casematten an der Moschterfabrick an dëst Joer hate mer eng kleng oder eng grouss Visitt vum Schiefermusée zu Maartel um Programm. Mam historische stättische Bus si mer gutt gefouert ginn. Duerno si mir nach een Tour bei d’Gedenkstätte vun der Ardennenoffensive um Schumannseck trëppele gaang. Et ass scho beandrockend, sech an den Eescht vu virun 80 Joer zréckzeversetzen an d’Gefill ze hunn, dass d’Mënschheet awer nach nit wierklich vill aus hire Feeler vun der Vergaangenheet geléiert huet.

Den Afschloss vum Dag war dono bei engem gemittlichen Owesiessen op der Roudbaach.



Nom Bësch un den Dësch



Nom Bësch un den Dësch



Nom Bësch un den Dësch



Historische Bus


Schiefermusée


Schumannseck

# Beim Senioreforum Useldeng gëtt Gesellegkeet grouss geschriwwen



Iessen beim Gloria



Bodensee

Och an dësem zweeten Trimester huet de Senioreforum eng etlech Aktivitéiten organiséiert. Niewent de Porte-Ouverten an de Senioreniessen si mir mat 44 Léit héich am Abrëll op Köln gefuer. No enger geféierter Visitt am Schockela-Musée hu mir gemitterlech zesumme giess. Duerno hate mir nach e puer Stonnen zur Verfügung.

Op eisem Grillfest, op dat mir och all Joer am Mee invitéieren, hunn eng 180 Léit sech ons sëllegen hausgemaachten Zalote mat enger Kotlett oder engem Wupp vum Grill gutt schmaache gelooss.

Mir soen hei och onse lokale Betriber ewéi eiser Gemeng een häerzleche Merci, dass si eis trei bléiwen.

Ugangs Juni goung et du fir 4 Deeg ob d'Rees. 29 Memberen hu sech et um Bodensee gutt goe gelooss. D'Insel Mainau war e „must" um Programm, esou wéi och eng Schëffaart ob Konstanz. Et ware schéin Deeg, déi mir zesumme verbruecht hunn, mat villen Andréck, Laachen a Gepoters. Nächst Joer si mir och nees zesummen „On Tour".


Fir e bëssen zur Rou ze kommen, blouf d'Kichen an der Buvette fir Senioreniessen am Juni zou. Duerfir si mir dann zu 34 ob Eschduerf bei d'Gloria iesse gaang. De Caldo Verde war sécherlech fir vill vun eis eppes Neies, de Bifana hu mer awer kannt.

**Info**

Wann och dir wëllt wëssen, wat nach alles kënnt, a bei deem engen oder aneren Event wëllt derbäi sinn, dann zéckt net fir beim Mady Wolff-Tholl eng Memberskaart unzefroen.


Köln


Koblenz


Köln

TEXT & FOTO: CHARLES REISER

# Alice Feinen-Jacoby feiert 90. Gebuertsdag



Zënter dem 20. Februar 2024 verbréngt d'Alice Feinen-Jacoby vu Rippweiler hire Liewensowend am Home pour personnes âgées zu Réiden/Atert, wou si sech och wuel fillt. Et war och do, wou si viru kuerzem hiren 90. Gebuertsdag konnt feieren.

D'Alice Jacoby gouf den 21. Mee 1935 zu Rippweiler gebuer. Hir Eltere waren den Alphonse Jacoby an d'Marie Biesen. Hire Brudder Armand ass leider scho verstuerwen. Als Kand dass d'Jubilarin zu Näerden a Rippweiler an d'Primärschoul gaang an duerno op Ettelbréck an d'Pensionat Sainte-Anne. No der Schoul huet d'Alice doheem am Bauerebetrib geschafft bis deen an de 60er Joren opgehal huet. Si huet ganz gären am Gaart geschafft an hat vill Freed mat de Blummen an och mat hiren Hinger.

Den 1. Mee 1957 ass Hochzäit gefeiert gi mam Emile Feinen vu Wëntger, dee bei Arbed Belval an duerno op der Neelfabrick zu Biissen bis zu senger Pensioun säin deeglecht Brout verdéingt huet. Aus hirem Bestietnis sinn de Raymond, d'Christiane an de Marco, dee leider schonn den 9. Dezember 2016 verstuerwen ass, ervirgaangen. Haut ziele 5 Enkel- an 3 Urenkelkanner zum Stolz vun der Famill Feinen-Jacoby. Leider ass hire Mann Emile och schonn den 23. September 2010 verstuerwen.

Am Kader vun enger schéiner Gebuertsdagsfeier war et den Eric Urbain, deen, als éischten am Numm vun der Direktioun a vum ganze Personal, der rüsteger 90-järeger Jubilarin di allerbescht Gléckwënsch konnt iwwerbréngen. Duerno war et um Buergermeeschter Pollo Bodem, deen op dem Alice Feinen-Jacoby säi laange Liewenswee kuerz agaangen ass an am Numm vun der Gemeng Useldeng nëmmen dat Allerbescht fir d'Zukunft gewënscht huet.

Och d'Anni Linster huet am Numm vum Gaart an Heem Useldeng gratuléiert, wou d'Alice 52 Joer laang am Kommitee, dovunner 45 Joer Keessjär, war an och wärend ville Jore ganz aktiv war. Vum Senioreforum Gemeng Useldeng huet d'Presidentin Mady Wolff-Tholl d'Gléckwënsch iwwerbruecht.

Iwwert di vill schéi Blummen a Kaddoen zum Festdag huet d'Jubilarin sech och immens gefreet. Duerno ass d'Glas erhuewe ginn an op weider gesond an zefridde Joren ugestouss ginn.

TEXT: LÉONIE AN ELIAS

# Mäi Schoulwee gëtt faarweg!

Artec ass eppes, wou ee bastelt an zesumme moolt, fir dass d’Welt fir d’Kanner méi faarweg gëtt.

Merci fir déi schéi Momenter am Artec mam Här Groben an der Joffer Laura. Si haten déi gutt Iddi fir d’Mauer bei der Schoul ze bemolen.

Mir hunn déi Iddi och richteg gutt fonnt an de Buergermeeschter huet et och erlaabt. Bei der Mauer hate mir och e puer Iddie vum James Rizzi geholl an d’Joffer huet eis och e puer Fotoe gewisen a mir hu probéiert et nozemolen.

Mir goufen natierlech e bësse knaschteg, awer dat mécht näischt.

Nëmmen de Spaass ass wichteg! D’Iddi war och, dass d’Kanner léiwer zu Fouss an d’Schoul ginn, wann d’Entrée faarweg ass.

Mir wënschen de Kanner, déi d’nächst Joer an den Artec ginn, vill Spaass!







# D'Klibberkanner vu Rippweiler iwwerreeche Scheck un d'ONG vun der Landjugend




Iwwerreechung vum Scheck vun de Klibberkanner vu Rippweiler un d'Responsabel vun der LLJ – Service Coopération.

D'Klibberkanner vu Rippweiler hunn e Samschdeg, den 31. Mee de Revenu vun hirem traditionellen Ouschterklibberen un d'ONG LLJ – Service Coopération iwwerreecht. Mat vill Freed an Engagement waren d'Kanner duerch d'Géigend gezunn, fir d'Leit mat hire Klibberen a mat hirem Ouschterweenchen ze erfreeën.

Déi iwwerreechte Sue ginn direkt an déi verschidde Projete vun der LLJ – Service Coopération investéiert, déi sech fir nohalteg Entwécklungsprojeten am Beräich Landwirtschaft an Educatioun asetzt. Méi Informatiounen iwwert d'Aarbecht vun der ONG fannt Dir op www.jongbaueren.lu an op de soziale Medien.

D'Klibberkanner soen all deenen, déi matgemaach a gespent hunn, e grousse Merci fir hir Ënnerstëtzung. Mat däser Aktioun, déi schonn eng Traditioun zu Rippweiler ass, wëlle si weisen, wéi wichteg Zesummenhalt, Solidaritéit a kleng Geste fir eng besser Welt sinn.

TEXT: CHRISTIANE HARPES


# Bicherbox

**LU** / En aktuelle kantonale Leader-Projekt vun der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewe befaasst sech aktuell mat der Opwäertung vun de Bicherboxen. Dir hutt Iddien a Suggestioune fir eis Bicherbox zu Useldeng, da mellt iech gäre bei eis (vivre.ensemble@useldeng.lu). E Bicheropruff start och am September - méi Informatioune fannt dir geschwënn an der Bicherbox souwéi an eisen Aktualitéiten.

**DE** / Ein aktuelles kantonales Leader-Projekt der Kommission für interkulturelles Zusammenleben befasst sich derzeit mit der Aufwertung der Bücherboxen. Wenn sie Ideen und Anregungen für unsere Bücherbox in Useldingen haben, melden sie sich gerne bei uns (vivre.ensemble@useldeng.lu). Im September startet zudem ein Bücheraufruf – weitere Informationen finden sie in Kürze in der Bücherbox und in unseren News.

**FR** / Un Projet Leader cantonale de la Commission du vive-ensemble interculturel est en cours de valoriser les boîtes à livres. Si vous avez des idées et des suggestions pour notre boîte à livres d'Useldange, n'hésitez pas à nous contacter (vivre.ensemble@useldeng.lu). Un appel à livres sera également lancé en septembre; vous trouverez bientôt plus d'informations sur la boîte à livres ainsi que dans nos actualités

**EN** / A current cantonal Leader-Project of the Commission for intercultural living together is currently dealing with the upgrading of the book boxes. If you have ideas and suggestions for our book box in Useldeng, please contact us (vivre.ensemble@useldeng.lu). A book cell will also start in september – you will find more information in the book box as well as in our news.



TEXT: CHRISTIANE HARPES

# Castel-Fun op der Buerg







Bei herrlechem Summerwieder huet sonndes, den 10. August 2025 déi 2. Editioun vun eisem Castle-Fun op der Buerg zu Useldeng stattfonnt.

Vill Kanner hunn zesumme mat hirer Famill ënnerschiddlech Spillstatiounen entdeckt.

Als Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewe soe mir jidderengem Merci, den eis besicht huet, an zu dësem erfollegräichen Dag mat bäigedroen huet, sou wéi och eise Kooperatiounspartner dem Senioreforum Useldeng, der Jugendkommissioun vum FC Jeunesse Useldeng, dem Jugendtreff Réiden a Feel It.





Senioreforum


EEN INKLUSIIVT
SPILL-ERLIEFNIS


EEN INKLUSIIVT
SPILL-ERLIEFNIS

FOTOEN: CHRISTIANE HARPES

# Summerfotoen aus der Gemeng













FOTOEN: CAROLINE ROEMEN

# Weekend vum Wëlle Westen op der Biekerecher Kulturmillen

Den 29. Juni war et erëm sou wäit! De Service Tourisme & Vivre Ensemble vum Kanton Réiden hunn op hiert touristescht Fest fir Grouss a Kleng invitéiert.

Dëst Joer huet de Weekend vum Wëlle Westen op der Biekerecher Kulturmillen stattfonnt. Begleet vun der Musiksschoul Kanton Réiden, ënnert der Moderatioun vum Christian Schmit, gouf de Weekend vu sëllege Politiker*innen an Éieregäscht, ënner anerem der Ministesch Martine Hansen an dem Minister Eric Thill ageleet.

Fir Animatioun, Iessen & Gedrénks a Spill & Spaass war iwwert de ganze Sonndeg gesuergt.

Och d'Kultur- a Buergfrënn Useldeng waren nees mat engem Stand derbäi wou d'Kanner Ritterschëlder a -schwäerter bemolen a sech iwwert d'Useldenger Buerg informéiere konnten.

Den DT Schandel war dëst Joer fir déi éischte Kéier derbäi an huet d'Leit mat Gegrills versuergt. Bei dësem Fest konnten d'Veräiner sech no bausse weisen an deen een oder anere fir säi Site oder Veräi begeeschteren.

Mir freeën eis op déi nächst Editioun!









TEXT : JEAN WEIS / FOTOEN ROMAIN KLEER & NATUR&ËMWELT

# Natur an Ëmwelt-Sectioun Kanton Réiden

## Leeëndecker-Tour zu Useldeng ronderëm d'Buerg. De Leeëndecker (Mauersegler Apus apus).

Eng 15-16 Leit haten den 19.06.2025 de Wee op Useldeng fonnt, fir de Leeëndecker-Tour matzemaachen.

De Jos Wampach huet d'Leit am Numm vun der Sektioun begréisst a wärend dem Tour eng ganz Rëtsch interessant Informatioune ginn zur Buerg a virun allem zur Renovatioun vum Tuerm an der „Rettung" vun de Leeëndecker hire Brutplazen am Joer 2003. D'Catherine Kirsch vun der Centrale Ornithologique an de Jean Weis vun Natur&Ëmwelt wossten allerhand interessant Detailer aus dem Liewe vun dësem interessante Vull ze verzielen.

D'Leit ware ganz zefridden an nieft ca. 60 Leeëndecker waren och nach aner Tuermbewunner (Steekueben alias „Schlasshären", Hausroutschwanz, Hausdauwen, Tuermfallek) um Rendez-vous.

Dat Ganzt war e vollen Erfolleg an eng flott Aktivitéit fir d'Sektioun.


© NABU


© NABU



## Mam Grénge Mann an de Bësch

De 29.Juni hate mir de „Grénge Mann" op Réiden an de Bësch invitéiert. Eng 22 Leit waren deen Dag mat derbäi, wéi de Grénge Mann eis am „Hounig" empfaangen an duerch de Bësch gefouert huet. Hie wosst ze begeeschteren, net nëmmen duerch säi grousst Wëssen (mir kruten „Appetit" gemaach op eng Rei wëll Planzen) an déi flott Sketcher (wee wosst schonn, firwat d'Schuel vun der Eech esou geradderegt ass ...).

Et war eng gelongen a léierräich Aktivitéit, déi mir am Laf vum nächste Joer op enger anerer Plaz am Kanton erëm ubidden.

Club Atertdall
zesummen erliewen

## MINITRIP WEIHNACHTSMARKT SCHLOSS MERODE & AACHEN



Um ganz in den Geist der Festtage einzutauchen besuchen wir gleich zwei wunderbare Weihnachtsmärkte. Am ertsen Tag entführen wir Sie in das Herz des romantischen Weihnachtsmarktes auf Schloss Merode! Eine einzigartige Atmosphäre mit zahlreichen Kunsthandwerkern sowie lokalen kulinarischen Spezialitäten.
Am nächsten Tag besuchen wir den Aachener Weihnachtsmarkt der sich rund um den Dom und das Rathaus im Herzen der Altstadt erstreckt.
*Pour nous imprégner pleinement de l'esprit des fêtes, nous visiterons deux magnifiques marchés de Noël.*
*Le premier jour, nous vous emmènerons au cœur du romantique marché de Noël du château de Merode! Une ambiance unique avec de nombreux artisans et des spécialités culinaires locales.*
*Le lendemain, nous visiterons le marché de Noël d'Aix-la-Chapelle, qui s'étend autour de la cathédrale et de l'hôtel de ville, au cœur de la vieille ville.*

**10.12 - 11.12** ( Mittwoch bis Donnerstag / mercredi au jeudi)
**Tarif :** 330€, Zuschlag von 35€ für ein Einzelzimmer
*330€, supplément de 35€ pour une chambre seule*
**Bis spätestens den 31. Oktober einschreiben!**
***Inscrivez-vous au plus tard le 31 octobre!***

**Für Einschreibungen und weitere Informationen sind wir gerne für Sie da: T. 27 55 - 33 70**
**Unser komplettes Programm finden Sie in unserer Broschüre oder im Internet www.help.lu.**

***Pour les inscriptions ou plus d'informations, nous sommes à votre disposition : T. 27 55 - 33 70***
***Vous trouverez le programme complet dans notre brochure ou sur Internet www.help.lu.***

## GESUNDHEITSWOCHE 3.0 / SEMAINE DE LA SANTÉ 3.0

**Vom 07. bis den 17. Oktober /**
***du 07 au 17 octobre***
Herzlich willkommen zur 3. Auflage unserer Gesundheitswoche.
*Soyez les bienvenus à notre 3e édition de notre semaine de la santé.*
**Am Dienstag, den 07. Oktober / *le mardi 07 octobre*** – Wie pflege ich meine Zähne/Prothese richtig?
*Comment bien prendre soin de mes dents / prothèse?*
**Am Donnerstag, den 16. Oktober / le jeudi 16 octobre** – Workshop: Milchsäuregärung von Gemüse
*Atelier: Lactofermentation des légumes*
**Am Freitag, den 17. Oktober / le vendredi 17 octobre** – Gesundes Essen zur Stärkung Ihres Immunsystems
*Alimentation saine pour renforcer votre système Immunitaire*

Ausserdem sind alle unsere regelmässigen Bewegungs- oder Trainingsaktivitäten in dieser Woche gratis. Seien Sie dabei! Natürlich nur, sofern noch Plätze frei sind.
*En outre seront toutes nos activités régulières sportives, ou d'entraînement, gratuites pendant cette semaine.*

## SPRACHENCAFÉ / CAFÉ DES LANGUES

**In Zusammenarbeit mit «Pakt vum Zesummenliewen» und der «Comission Communale du Vivre-ensemble et Interculturel» Beckerich / *En collaboration avec « Pakt vum Zesummenliewen» et la « Commission Communale du Vivre-Ensemble et Interculturel» Beckerich***



Geselliges Beisammensein, wo der Austausch in unterschiedlichen Sprachen im Fokus steht.
*Rencontres sociales où l'accent est mis sur l'échange dans différentes langues.*

**Jeweils Donnerstags / les jeudis**
18/09, 23/10, 27/11
**Wo/où :** Brasserie Millespënnchen -Beckerich
**Einschreibungen spätestens bis eine Woche im Voraus!**
***Inscriptions au plus tard une semaine à l'avance!***

TEXT & FOTO : CHAREL REISER

# Kommioun



An der festlech gerëschter Kierch vun Useldeng hu sonndes, de 4. Mee, 13 Kanner, déi all der Par Atertdall Sainte-Claire ugehéieren, hir éischt Kommioun vum Abbé Vincent Billot empfaange.

# OSCARE

## L'Office Social du Canton de Redange se présente.


L'équipe OSCARE

L'OSCARE est l'un des 30 offices sociaux restructurés depuis 2011. La loi sur l'aide sociale garantit à toute personne un droit à l'assistance sociale, assorti d'obligations et d'un droit de recours*. L'équipe d'OSCARE a beaucoup grandi au fil des années, tout comme ses missions.

**Quelles sont les principales missions d'OSCARE ?**

Nous informons, conseillons et accompagnons les personnes en situation de détresse, les orientons si nécessaire vers les services compétents et proposons des aides financières ou matérielles subsidiaires ainsi que des mesures d'accompagnement social. Notre soutien est adapté à la situation spécifique de chaque personne et repose sur une évaluation approfondie.

Il peut être de courte ou de longue durée. Nous intervenons uniquement sur demande et partons de la situation de la personne concernée. Notre rôle n'est pas de contrôler, mais de soutenir.

**Quel est votre objectif ?**

Permettre à nos bénéficiaires de mener une vie conforme à la dignité humaine et de retrouver leur autonomie.

**Combien de ménages OSCARE accompagne-t-il ?**

En 2024, nous avons accompagné 586 ménages dans le canton. Les situations sont très variées selon la taille du ménage et les problématiques rencontrées.

**Combien de personnes travaillent chez vous ?**

Notre équipe a presque triplé depuis 2011 et compte aujourd'hui 11 personnes réparties entre l'administration, le service d'aide sociale et l'agence régionale d'inclusion sociale (ARIS).

**Que proposez-vous au sein du service d'aide sociale ?**

Nos six assistants sociaux offrent un accompagnement psycho-social, administratif et budgétaire. Nous travaillons en étroite collaboration avec d'autres services spécialisés.

De plus, nous accordons des aides financières ou matérielles, sachant que les aides financières doivent souvent être remboursées.

**Que propose l'Agence régionale d'inclusion sociale (ARIS) ?**

Nos deux assistants sociaux de l'ARIS accompagnent les personnes ayant droit au revenu d'inclusion sociale (REVIS). Ces bénéficiaires ne sont pas encore prêts pour intégrer le marché du travail classique ; nous organisons pour eux des mesures d'activation ou de stabilisation.

**Quels sont les problèmes les plus fréquents ?**

Les problématiques sont majoritairement multifactorielles. Les difficultés de logement, financières et administratives sont souvent liées.

**Avez-vous constaté une évolution des besoins ?**

Oui. La crise du logement s'aggrave et les contrats de travail sont de plus en plus précaires. Nous constatons également une augmentation des personnes souffrant de dépendances ou de troubles psychiques.

Malheureusement, le coût de la vie élevé (logement, alimentation,

énergie) entraîne une augmentation du nombre de « Working poor » – des personnes ayant un emploi mais n'arrivant pas à joindre les deux bouts. De manière générale, les situations que nous accompagnons deviennent de plus en plus complexes.

### Qui sont les plus touchés ?

Les parents monoparentaux, les bénéficiaires du REVIS, les familles nombreuses, les réfugiés politiques, les personnes souffrant d'addictions ou de troubles psychiques, ainsi que les personnes sans domicile. Pour beaucoup d'entre elles, trouver un logement est quasiment impossible.

### Quelles aides financières peuvent être demandées ?

Les aides financières ne sont pas prédéfinies. Toute personne peut déposer une demande, mais notre conseil d'administration décide de leur attribution. Les principales aides concernent : l'alimentation (accès à l'épicerie sociale), le loyer, les cautions, les factures d'énergie, de médecins ou de médicaments.

### Comment voyez-vous l'avenir de l'OSCARE ?

Nos missions continuent de s'élargir : tiers payant social, adresse de référence, accompagnement des bénéficiaires de protection internationale, etc. Malgré la « simplification administrative », remplir les formulaires reste un défi pour beaucoup. La digitalisation représente également un obstacle pour certaines personnes. C'est pourquoi l'assistance et l'accompagnement administratif proposés par l'Office Social restent indispensables.

### Quels sont actuellement vos plus grands défis ?



Le conseil d'administration

Nous sommes réellement désespérés face à la pénurie de logements. Nous ne pouvons pas proposer immédiatement un logement aux personnes dans le besoin, faute d'offre sur le marché immobilier, surtout à loyers abordables, et les logements disponibles sont souvent dans un état déplorable. Nos locaux sont trop petits et inadaptés : manque d'espace pour accueillir dignement les usagers, manque de bureaux, ce qui nous a contraints à instaurer le télétravail.

La numérisation des dossiers génère une charge administrative importante – du temps en moins pour l'accompagnement social. Il est essentiel de préserver le lien humain, qui demande aussi du temps.

Nous souhaitons rendre notre office social plus visible et rendre l'action sociale plus compréhensible et accessible. Un meilleur travail en réseau avec d'autres services sociaux nous tient également à cœur.

### Comment les communes peuvent elles vous soutenir ?

En mettant à disposition des logements abordables, bien que nous soyons conscients que cela est très complexe.

En nous fournissant un bâtiment adapté à nos besoins, avec suffisamment de bureaux, respectant les normes de sécurité et accessible aux personnes à mobilité réduite. Nous sommes très heureux de voir que les communes du canton de Redange sont très actives dans ce dossier.

### Et comment les citoyens peuvent-ils vous soutenir ?

Par exemple en offrant une aide aux devoirs, en agissant comme écrivain public, en s'impliquant dans l'intégration des personnes immigrées, en soutenant l'Office social par des dons (fêtes amiliales, activités d'associations, décès,…) ou en guidant les personnes dans le besoin vers notre office social.

**Contact**

84, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

Tél. : (+352) 26 62 10 55-1
E-Mail : secretariat@oscare.lu
Site internet : www.oscare.lu

OsCaRe
Office Social Canton de Redange

## Par ATERTDALL SAINTE-CLAIRE

**CENTRE PAROISSIAL:** 40, Grand'rue L-8510 Redange-Attert
Site: https://cathol.lu/atertdall

**ÉQUIPE PASTORALE:**
Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-doyen Tél: 661 746 852 jjf@scj.lu
Père Antoine DO SCJ, vicaire T: +33 695 24 33 19 Mail : antoine.do@cathol.lu
Père Jacques BAGNOUD, subsidiaire Mail : jacques.bagnoud@cathol.lu
Père Vincent BILLOT, subsidiaire Mail : vincent.billot@cathol.lu

**SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES Tél: 23 62 10 53** / atertdall@cathol.lu Michèle ASSERAY, secrétaire
**KRANKEN- & ALTENPASTORAL** Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855 Marie Claire RASQUÉ
**NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES Tél. 621 686 102**

---

Um Kropemannsfest, den **28. September 2025** zu Réiden ass an der **Kierch** eng Ausstellung iwwert d'Helleg Klara d'Patréinesch vun der Par Atertdall Sainte-Claire.

**D'Ausstellung ass op vun 10.00 bis 18.00 Auer.**

Si ass zesummegestallt vum Liliane Bellwald an der Schwëster Claudine Draut aus dem Team **« Bibel on Tour »**, déi och Explikatiounen zur Ausstellung ginn.

D'helleg Klara vun Assisi (1193 – 1253):
eng staark a couragéiert Fra an hirer Zäit
an hir Bedeitung bis haut.



D'Liewensgeschicht vun der hl. Klara ass ontrennbar verbonne mat der Spiritualitéit vum hl. Franziskus. Eng enk Frëndschaft wor tëscht hinne gewuess. Trotz dem haarde Widderstand vun hirer adeleger Famill huet d'Klara sech him ugeschloss. D'Grëndung vum Uerde vun de Klarissinnen, duerch de Franziskus an d'Klara, huet et fir Frae méiglech gemaach, fir an enger Gemeinschaft an Aarmut ze liewen, am Déngscht vun den Aarmen, an der Nofolleg vu Jesus.

D'Klara ass déi éischte Fra, déi eng Uerdensreegel geschriwwen huet, déi vum Poopst unerkannt ginn ass. An de Joerhonnerten vun der Grëndung si verschiddenst Gemeinschafte vu Klarissine entstan. Déi geschichtlech Entwécklung féiert bis an eis Zäit eran.

E kuerze Bléck op Klarissinnen zu Lëtzebuerg a vergangener Zäit an op Klarissen an eisen Nopeschlänner féiert eis an d'Uerdensliewe vun de Klarissen a Franziskanerinnen haut.
A wéi koum d'helleg Klara an d'Par Atertdall Sainte-Claire?

Entrée fräi. Grouss a Kleng si wëllkomm!

### CATÉCHÈSE & COMMUNION
**Inscription à la catéchèse 2025/2026 - Inscription pour la Communion 2026**

Les inscriptions pour la catéchèse et la communion sont déjà ouvertes.
**Inscriptions uniquement par mail :** inscription.cate.attertdall@gmail.com
Les fiches d'inscriptions sont disponibles sur notre site: https://web.cathol.lu/article6545
**La réunion des parents de la catéchèse aura lieu**
**jeudi, 18 septembre 2025 à 19h00 à l'église de Redange-Attert.**

De Masseprogramm fannt Dir an eisem Parbréif oder um Internet https://web.cathol.lu/article8890
Massbestellungen am Parbüro per Telefon 23 62 10 53 oder Mail: atertdall@cathol.lu

# LE CHEMIN DE L'ÉCOLE EN TOUTE SÉCURITÉ

POLICE LËTZEBUERG

## GAUCHE, DROITE, GAUCHE ...

- Je marche toujours du côté sûr du trottoir, loin des voitures.
- Je traverse la rue au passage pour piétons en veillant aux feux de circulation : rouge je dois m'arrêter, vert je peux marcher mais je reste attentif. S'il n'y a pas de feux de circulation, je regarde à gauche, à droite et encore une fois à gauche avant de traverser la rue.
- S'il n'y a pas de passage pour piétons, j'attends au bord de la chaussée dans un endroit où je vois bien la chaussée et où les automobilistes m'aperçoivent également. Ensuite gauche, droite, gauche...




## LES PARENTS DONNENT L'EXEMPLE !

- Expliquez à votre/vos enfant(s) les règles élémentaires de la circulation.
- Sensibilisez votre/vos enfant(s) aux dangers de la route.
- Parcourez plusieurs fois le chemin de l'école ensemble.
- Respectez vous-même les règles du Code de la route : ne stationnez pas sur les passages pour piétons ou sur le trottoir.
- Faites en sorte que votre enfant monte et descende toujours de la voiture du côté du trottoir.

## JE SUIS VISIBLE !

Pour que les automobilistes m'aperçoivent plus facilement dans le noir, je porte :

- des vêtements clairs,
- des bandes réfléchissantes sur mes vêtements et sur mon cartable,
- un gilet de sécurité.

## CEINTURE DE SÉCURITÉ ET SIÈGE POUR ENFANTS !

Même pour des trajets courts !

- En voiture, il faut toujours être attaché, soit avec la ceinture, soit dans le siège pour enfants.
- Un enfant âgé entre 3 et 17 ans accomplis dont la taille n'atteint pas 150 cm, doit prendre place dans un siège pour enfants ou un rehausseur qui correspond à sa taille et son poids.

## Vigilance accrue lors de la rentrée des classes

Surtout les enfants plus jeunes ne se rendent pas encore compte des dangers de la route et sont moins visibles à cause de leur petite taille. S'y ajoute une certaine agitation lors de la rentrée scolaire qui peut leur faire oublier les règles élémentaires de la circulation. Une attention particulière est donc requise de la part de tous les usagers de la route :

- Soyez attentif et faites attention aux enfants.
- Adaptez votre vitesse aux abords des écoles.

WWW.POLICE.LU

© Police Lëtzebuerg - 20.07.2022

ZESUMME FIR IECH

Gutt ze wëssen



# Klimabonus Mouer a Wiss

## Prämie

### für die Erbringung von Ökosystemleistungen von Feuchtgebieten & umweltsensiblem artenreichem Grünland

SICONA Naturschutzsyndikat

Honorierung der Umweltleistungen der Grünland- und Feuchtgebiete

Das Förderprogramm im Rahmen des Klimabonus des Umweltministeriums zielt auf die Honorierung von privaten Grundbesitzern, auf deren Land sich geschützte Grünland- und Feuchtbiotope befinden. Zielsetzung dieser Prämie ist die Anpassung an die Auswirkungen des Klimawandels, denn intaktes artenreiches Grünland ist widerstandsfähiger gegenüber Änderungen des Klimas.

Artenreiche Grünlandbiotope erfüllen zahlreiche Leistungen für uns Menschen:

- *Kohlenstoffspeicher*
- *Natürlicher Wasserfilter*
- *Wasserspeicher*
- *Schutz vor Erosion*
- *Förderung von Bestäubern*
- *Naherholung*
- *Lebensraum für eine Vielzahl an Pflanzen- und Tierarten*

**Um diese wertvollen Leistungen zu erfüllen, müssen die Ökosysteme funktionsfähig bleiben!**


***Sie helfen dabei!***



### An wen richtet sich die Prämie?

Berechtigt ist jeder private Grundbesitzer, der in der Grünzone gelegene Bestände ausgewählter Grünland- und Feuchtbiotope aufweisen kann und sich für zehn Jahre zu deren Erhaltung oder Verbesserung verpflichtet. Als Grundlage dienen die im Geoportal einsehbaren Flächen, die im Rahmen des Biotopkatasters erfasst wurden.









Gutt ze wëssen

**Biotope erhalten & verbessern**

*Extensive Nutzung ohne Einsatz von Düngermittel & Pestiziden*

*Anlage von Stillgewässern oder Renaturierung von artenreichem Grünland*

## Förderfähig sind zusammenhängende Flächen ab 0,3 ha mit diesen Biotoptypen:

- *Magere Flachlandmähwiesen (6510)*
- *Magerrasen und Heiden: Kalk-Halbtrockenrasen, Wacholderheiden, Borstgrasrasen, Calluna-Heiden, Sand- und Silikatmagerrasen (6210, 5130, 6230, 4030, BK03, BK07)*
- *Feuchtwiesen und Moore: Sumpfdotterblumenwiesen, Sümpfe und Niedermoore, Pfeifengraswiesen, Zwischenmoore (BK10, BK11, 6410, 7140)*
- *Naturnahe Stillgewässer (3130, 3140, 3150, BK08)*
- *Großseggenriede, Röhrichte (BK04, BK06)*
- *Feuchte Hochstaudensäume, Fließgewässer mit flutender Wasservegetation, Tuffquellen (6430, 3260, 7220)*

Ob sich auf Ihrer Fläche ein betreffendes Biotop befindet und Sie damit förderfähig ist, können Sie hier prüfen: map.geoportail.lu. Die Förderprämien richten sich nach der beihilfefähigen Flächengröße und werden jährlich vom Staat ausgezahlt:

- **150 € / ha / Jahr für 0-25 ha**
- **75 € / ha / Jahr für 25-50 ha**
- **37,5 € / ha / Jahr für > 50 ha**

Zusätzlich gibt es eine Erhöhung für förderfähige Flächen, die in einem Schutzgebiet liegen.
Der Top-up liegt zwischen 25 und 100 € / ha / Jahr.

## Antragstellung

**Weitere Erklärungen auf Deutsch, Französisch und Englisch sowie die Antragsformulare finden Sie auf guichet.lu. Der Antrag ist bei der Naturverwaltung (ANF) einzureichen. Bei Fragen können Sie sich an die ANF wenden unter kbmw@anf.etat.lu.**

Wünschen Sie eine ***Beratung oder Unterstützung*** bei der praktischen Umsetzung von Gewässeranlagen oder Grünlandrenaturierungen?

Dann wenden Sie sich an das Naturschutzsyndikat SICONA unter administration@sicona.lu mit dem Betreff „Mouer a Wiss". Auch beraten wir Sie gerne zu Fragen der bestmöglichen Nutzung oder Pflege der Grünland- und Feuchtbiotope. SICONA ist ebenfalls die Anlaufstelle für Bewirtschafter, die ihre Wiesen und Weiden extensiv nutzen wollen und den Abschluss eines Biodiversitäts-Vertrags wünschen.

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

Administration de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg

SICONA Naturschutzsyndikat

# SKODA TOUR DE LUXEMBOURG


**De Skoda Tour de Luxembourg kënnt op follgenden Deeg duerch eis Gemeng:**

## 17.09.2025 / 16h45 – 17h00

**!! Parken ass op follgende Plaze verbueden: CR305, N22, N24, CR116**

## 21.09.2025 / 13h15 – 14h00

**!! Parken ass op follgende Plaze verbueden: N24, N12**




| 1ère étape | 2ème étape | 3ème étape | 4ème étape | 5ème étape |
|---|---|---|---|---|
| 17/09/2025 | 18/09/2025 | 19/09/2025 | 20/09/2025 | 21/09/2025 |


Gutt ze wëssen




**De Luxembourg Classic 2025**
**kënnt den 12. September géint**
**9h00 duerch Schandel.**

**Déi betreffend Strooss ass follgendermoosse**
**fir e kuerzen Zäitraum gespaart!**

↓




Gutt ze wëssen


# Save the date

## September

### 13. + 14.09
**Trakterstreffen a Grillfest**
- Useldeng
  Centre culturel &
  Buergparking
- Ferguson Club

### 20.09 — SA
**Kleedersammlung duerch d'Gemeng**
- Useldeng
- Club des Jeunes Useldeng




### 26.09 — FR
**Afterwork**
- Useldeng
  Footballterrain
- FC Jeunesse Useldeng

### 27.09 — SA
**Aktiv an der Gemeng**
- Useldeng
  Sportshal & Buvette
- Komissioun vum interkulturellen Zesummeliewen

### 28.09 — SO
**Op Zäitrees duerch Uselding**
- Useldeng
- Amis du prieuré d'Useldange & Kanton Réiden

### 30.09 — DË
**Senioreniessen**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

# Oktober

### 02.10 — DO
**Rousekranz fir all déi Verstuewen aus dem Joer**
- Useldeng
  Kierch
- Kierch am Duerf

### 11.10 — SA
**Zoppenmётteg 2025**
- Iewerleng
  Centre culturel
- Senioreforum

### 19.10 — SO
**Nationale Beiendag 2025**
- Réiden
  Atert-Lycée
- Landesverband fir Beienzuucht & cercle apicole Redange-Attert

### 19.10 — SO
**Journée Commémorative**
- Useldeng
  Centre culturel
- Kultur a Buergfrënn / Gemeng

### 28.10 — DË
**Senioreniessen**
- Useldeng
  Restaurant um Wier
- Senioreforum

### 31.10 — FR
**Afterwork**
- Useldeng
  Footballterrain
- FC Jeunesse Useldeng

### 31.10 — FR
**Aweiung Schoul Useldeng**
- Useldeng
  Schoul
- Gemeng

# November

### 02.11 — SO
**Night of Saints Concert, Musik a verschidde Kulturen**
- Useldeng
  Kierch
- Kierch am Duerf

### 08.11 — SA
**Swinging Castle**
- Useldeng
  Centre Culturel
- The Northern Big Band / Club des Jeunes

### 10.11 — MÉ
**Opstellen vum Manifestatiounskalenner**
- Useldeng
  Cabaretsall
- Kultur a Buergfrënn

### 13.11 — DO
**Porte-Ouverte**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

### 14.11 — FR
**FäschtBänkler**
- Ettelbruck
  Däichhal
- Harmonie Useldange

*D'Useldenger Musik verkeeft Ticketen a se iwwerhuele wärend dem Concert och de Catering. Sidd dir un engem Ticket interesséiert? Da mellt iech bei eis. ticket@harmonie-useldeng.lu*


The Northern Big Band

### 15.11 — SA
**Kiermesmass**
- Rippweiler
  Kierch
- Chorale Rippweiler

### 16.11 — SO
**Kiermes**
- Rippweiler
- Chorale Rippweiler




### 16.11 — SO
**Hobby a Floumaart**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Ferguson Club

### 22.11 — SA
**Kniddelowend**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Club des Jeunes
  Useldeng

### 25.11 — DË
**Senioreniessen**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

### 28.11 — FR
**Afterwork**
- Useldeng
  Footballterrain
- FC Jeunesse Useldeng

### 29.11 — SA
**Adventsmass fir Kanner**
- Iwerleng
  um Haff
- Kierch am Duerf &
  Jongbaueren

### 30.11 — SO
**Chrëschtmaart**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Harmonie Useldeng

# Dezember

### 04.12 — DO
**Niklosfeier**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

### 05. + 06.12
**Chrëschtdag op der Buerg**
- Useldeng
  Buerg
- Kultur- a Buergfrënn

### 14.12 — SO
**Chrëschtconcert**
- Iewerleng
  Kierch
- Chorale Ste Cécile
  Gemeng Useldeng

### 18.12 — DO
**Chrëschtfeier**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

### 19.12 — FR
**Afterwork**
- Useldeng
  Footballterrain
- FC Jeunesse Useldeng

### 20.12 — SA
**Wanterconcert**
- Useldeng
  Kierch
- Harmonie Useldeng

### 30.12 — DË
**Senioreniessen**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

# Telefonsbuch

### Gemeng Useldeng
Tél.: 23 63 00 51-1

### Populatioun
- Tom Lehnert
  Tél.: 23 63 00 51-24
  tom.lehnert@useldeng.lu
  Mar : 13h > 19h
  Lun / mer / jeu / ven: 8h > 12h

### Sekretariat
- Marco Versall
  Tél.: 23 63 00 51-60
  marco.versall@useldeng.lu
- Daniel Philippe
  Tél.: 23 63 00 51-26
  daniel.philippe@useldeng.lu
- Bob Waltzing
  Tél.: 23 63 00 51-25
  bob.waltzing@useldeng.lu

### Recette communale
- Tessy Anen
  Tél.: 23 63 00 51-23
  tessy.anen@useldeng.lu

### Service technique
- Marc Ferber
  Tél.: 23 63 00 51-22
  marc.ferber@useldeng.lu
- Luca Denelle
  Tél.: 23 63 00 51-27
  luca.denelle@useldeng.lu

### Relations publiques
- Jil Peiffer
  Tél.: 23 63 00 51-61
  jil.peiffer@useldeng.lu

### Gemengenatelier
- Jean-Claude Ferber
  Tél.: 621 350 920
  jean-claude.ferber@useldeng.lu

### Schoulkomplex & Sportshal
- Olivier Pradier
  Tél.: 621 350 921
  olivier.pradier@useldeng.lu

### Primärschoul
Tél.: 26 61 14-1

### Maison Relais
Tél.: 26 61 14-50 / 621 350 927
maison.relais@useldeng.lu

### Fierschter
- Mike Van Rijen
  Tél.: 24 75 67 33 / 621 202 199
  mike.van-rijen@anf.etat.lu

## KANTON RÉIDEN

### Mobilité
Tél.: 28334-040

### Logement (Haus Care)
Tél.: 28334-120

### Vivre Ensemble
Tél.: 28334-210

### Environnement - Conseil énergie
Tél.: 28334-4

### Environnement - Primes électroménagers
Tél.: 28334-430

### Tourisme
Tél.: 28334-5

### Registre national des personnes physiques (RNPP) / Myguichet.lu
Tél.: 24 78 20 00

### Chèque Service
Tél.: 80 02 11 12

### Office Social du Canton de Redange (OS CARE)
Tél.: 26 62 10 55-1

### Centre paroissial
Fir Begriefnisser:
Tél.: 621 686 102

### SIDEC Réiden
Tél.: 26 62 09 13

### SIDEC Fridhaff
Tél.: 80 81 63

### Maison de l'eau de l'Attert a.s.b.l.
Tél.: 26 62 08 08

### Home pour personnes agées St. François Redange
Tél.: 27 13 40 00

### Mobilitéit.lu
Tél.: 24 65 24 65

### Police
Tél.: 113

### Police Réiden
Tél.: 24 49 21 000

### Pompiers/Ambulance
Tél.: 112

GEMENG USELDENG

www.useldeng.lu